



Här President, an Däitschland gött et effektiv eng Diskussioun ronderëm d'Force létale, d'Uwendung vun der Force létale, zanter dem Nine-Eleven. Si kouv besonnesch op, well e puer Méint nom Nine-Eleven e Sportfliger iwwer Frankfurt geflunn ass, ouni weider béis Absichten oder och ouni weider geféierlech ze sinn, an awer fir grouss Panik bei de Leit gesuergt huet. Déi deemoleg Bundesregierung wollt iwwer Gesetz erméiglechen, datt et a bestëmmt Fall zum Ofschoss vun esou Flugobjete ka kommen, ganz äänlech wéi dat och elo hei mat dësem Accord virgesinn ass iwwert den Territoirë vun der Belsch a vun Holland.

Et waren deemools ënner anerem déi Liberal ronderëm engem gemeinsamen Homonym, dem Gerhart Baum, déi virum däitsche Verfassungsgericht geklot hunn. Dat däitscht Verfassungsgericht ass dunno och zum Schluss komm, datt esou eng Erlaabnis géint dat däitscht Grundgesetz verstéisst aus zwee Grënn: éischstens, an dat ass och gesot ginn, well d'Militär an Däitschland net banne kann agesat ginn an, zweetens, well et e Verstouss géint d'Recht op Liewen a géint d'Garantie vun der Dignitéit ass.

Här President, mir sinn awer och amgaangen, un enger Verfassungsreform ze schaffen, déi an der Effentlechkeet breet diskutéiert gött. An an där Verfassungsreform steet am Kapitel 2 ënnert dem Titel „Droits fondamentaux“, Artikel 12: «La dignité humaine est inviolable.» An et geet weider, den Artikel 13: «Toute personne a droit à son intégrité physique et mentale.»

Dat ass de Projet vun eiser Verfassung. Duerfir sinn déi verfassungsrechtlech Iwwerleeunge vu mengem Virriedner, a mengen Aen, awer och ënnert deem dote Bléckwénkel ze kucken.

D'Diskussioun an Däitschland huet awer net 2006 opgehalen, se geet bis haut virun. 2012 ass et e weidert Uerteel gi vum däitsche Bundesverfassungsgericht, wat seet, datt en Ofschoss vun engem Fliger ka rechtens sinn, wann e vun der Regierung, net nëmme vum Défenseminister, mä vun der Regierung autoriséiert gött, an och just dann, wann nogewisen ass, datt sech u Bord just Terroristen a keng Ziviller oder Onschëllege befannen. Dat ass och am Moment déi aktuell Situatioun an Däitschland. Dat heescht, och wann elo Horrorzeenarie gemoolt ginn, datt Lëtzebuerg dann esou wéi e rechtsfräie Raum wier, esou muss ee soen: An Däitschland ass dat och esou! An Däitschland kann net e Fliger, dee voll be- mannt ass, ofgeschoss ginn.

Bon, wat decidéiere mir elo eigentlech hei? An ech mengen, datt dat awer eng gewësse Problematik huet. Mir participéiere mat dësem Accord oder mir participéieren als Chamber hei un engem Accord, dee virgesäit, datt an Zukunft e Stat, wann och net de lëtzebuerge- schen, d'Erlaabnis kritt, fir kënnen geziilt op e Fliger, e bemannte Fliger schéissen ze loos- sen, dee potenziell eng Gefor duerstelle kéint.

Mir sinn domadder Vertragspartei vun deem Accord. An effektiv, et ass och esou, datt an deem Fliger Onbedeelegter respektiv Onschël- leger kënnen setzen, déi ebe just dee Pech ha- ten, datt se just zum falschen Zäitpunkt an deem falsche Fliger souzen.

Lëtzebuerg wëllegt zwar net an, datt iwwer sengem Territoire dëst dierf geschéien, den Ofschoss, mä et mécht d'Saach an eisen Aen awer net onproblematesch doduerch, well mer ebe Vertragspartei si vun engem Accord, deem dëst ënnerstëtzt an der Praxis. An d'Loftraim vun deenen dräi Länner gi jo am Fall vun enger Menace och zesummegeeschloss, woumat sech Lëtzebuerg och net aus der Verantwortung zitt, wann dat an engem anere Land geschitt, deemjéinegen, wou den Ofschoss schlussend- lech stattfénnt.

Fir eis stellt sech d'Fro, ob an, wa jo, wéini een iwwerhaapt honnertprozenteg sécher ka sinn, datt e Flugobjekt genotzt gött, fir eng Attack auszeüben, well hei dierft et jo eigentlech op kee Fall Zweifel ginn an et misst een eng honnertprozenteg Sécherheet hunn. Mä mir wëssen awer alleguer, datt déi honnert- prozenteg Sécherheet eppes onheemlech Schwieriges an deem doten Domän ass.

Ass honnertprozenteg Sécherheet iwwerhaapt feststellbar? A wa jo, ass et richtig, dem Liewe vun onschëllege Leit en Enn ze setzen, fir aner Liewen ze schützen? Kann ee Mënscheliwe geinteneen opweien? Hellegt den Zweck d'Mëttel? Dat sinn alles wesentlech Froen, déi awer opbleiwen, och heimadder.

Well, wien hält schlussendlech déi Décisioun, datt et mat honnertprozenteger Sécherheet keen Zweifel dru gött, datt e Flugobjekt genotzt

gëtt, fir eng Attack op d'Bevëlkerung ze maachen? A virun allem, wéi eng Garde-foue sinn dran an deem Accord? Well och deen Ac- cord a sengen Detailer ënnerläit jo engem Geheimnisprinzip a läit eis an där doter Expli- zitéit natierlech och net vir.

Här President, och wann an deem heite Ge- setzesprojet iwwer lëtzebuergeschem Territoire d'Force létale net legitiméiert ass, wat natier- lech och an der Praxis, aus deene Grënn, déi virdrun och schonn opgezielt gi sinn, immens schwéier wier, menge mir, datt sech trotzdeem ganz, ganz vill prinzipiell Froe stellen, wat de Renegade ugeet, well mer awer un engem Ac- cord participéieren indirekt, deem den Ofschoss vu Fligere méiglech mécht.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet den zoustännige Minis- ter, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Dé- fense.** - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer elo emol no zéng Joer, wou dat doten diskutéiert gött, endlech hei en Accord Benelux fäerdegbréngen, fir déi Situatioun ze klären, fir eise Loftraum ofzesécheren am Fall vun enger Menace.

Et ass och esou, fir op déi Froen ze äntwerten, déi elo komm sinn, dass, wann et dozou kënnt, d'ANA net méi de Lëtzeburger Loftraum kontrolléiert, mä eng aner Firma, dann huet déi natierlech genee deiselwecht Oplagen an Obliga- tiounen, wéi eng aner se hätt, respektiv et leeft no genee deeneselwechte Prinzipien.

Da kouv d'Fro vum Här Halsdorf, wat den Dé- dommagement ugeet, wann et zu enger Inter- ventioun kéim op Lëtzeburger Territoire res- pektiv zu Schied kéim. Do ass et effektiv esou, dass deen Accord SOFA spillt. Dee spillt aus deem einfache Grond, well et hei ëm eng In- terventioun op NATO-Territoire géif goen. An do gött et en Accord sur le statut des forces vun 1951, deem dat am Detail regelt an deen huet Lëtzebuerg och ratifiéiert. Vun dohier ass dat rechtlech gesinn an der Rei.

Et ass och ugeduecht, dass et eben elo, no- deem mir de Benelux-Accord hei getraff hunn, dann nach Diskussiounen a Verhandlung- wäerte ginn tëschent der Benelux an Däitschland respektiv tëschent der Benelux a Frankräich, fir äänlech Accorden ze maachen.

Et ass d'Fro opkomm, wien d'Décisioun hält am Fall, wou eng Décisioun hei am Land ze huelen ass. Dat ass ganz kloer exklusiv de Minister vun der Défense, deem dat muss maachen. An dee muss sech net nach berode mat anere Minister- kolleegen, och net mam Premierminister.

Dir hutt näämlech recht, wann Der sot, dass, wann et hei eng Urgence gött an eng Décisi- oun muss geholl ginn, een dann net nach ka laang Meetings aruffen. Et ass also ganz kloer den Défenseminister, deem dann hei eng Décisi- oun muss huelen. A wann dee verhënnert oder net opzefannen ass, dann ass et de Justiz- minister respektiv de Minister vun den Affaires étrangères.

Ech mengen, dee Punkt, deem eis allegueren och scho jorelaang beschäftigt - deem ass och vun alle Fraktiounen hei erwänt ginn -, dat ass dee vun der letaler Force, datt heescht am Kloertext: Gi mer den Hollänner respektiv de Belsch d'Recht, fir en ziville Fliger hei iwwer Lëtzeburger Territoire ofzeschéissen, wa mer en als Menace gesinn, wann et als Menace de- finéiert ka ginn?

Mir hunn derfir optéiert, fir dat net ze ma- chen, aus deene bekannte Grënn, well eis Ver- fassung am Artikel 11 et esou virgesäit, dass dat doten eigentlech net am Aklang wier mat der Verfassung. Ech gesinn och, dass d'Reform vun der Verfassung net virgesäit, fir dat doten ze änneren. Also hu mir d'Recht net, bei Onbe- deelegter, déi gegebenenfalls an esou engem Fliger setzen, fir deenen hiert Liewen ze opfe- ren, fir esou en Attentat an deem heite Fall da kënnen ze verhënnern.

Dann ass ganz oft hei vu Kettenuewen ge- schwat ginn. Ech mengen, et ginn e puer Si- tuatiounen. Et gött d'Situatioun, dass Der ee Fliger hutt, ee Passagéierfliger, dee vu méi wäithier kënnt, dee probéiert, d'Zil Ketten- uewen unzesteieren, da muss ee sech natier- lech och d'Fro stellen: Firwat grad Ketten- uewen? Well wann en aus der Belsch, aus Däitschland oder aus Frankräich kënnt, huet en um Wee fir heihinner wahrscheinlech nach aner Méiglechkeeten.

Mä gutt, de Fall gesat, dat wär esou, musst Der wëssen, dass esou e Fliger, well wa mer elo vu Fligere schwätzen, vun der Gréisst vu Fligere schwätzen, déi wierklech kéinten e Schued urichten, wa se op Kettenuewen falen, da si mer an der Kategorie vun Jumbo Jetten. Esou e

Fliger brauch an der Regel 200 Kilometer, fir op esou en Zil kënnen duerstesteieren. E kann net einfach driwwerfléien an eroffalen. Esou geet dat net. Dat heescht, deem huet eng Ulafzäit vu ronn 200 Kilometer.

Dee Moment, wou dee seng Héicht, säin Ni- veau verléisst, ass dat natierlech schonn direkt ënner Observatioun. Dat heescht, do sinn dann all Mechanisme schonn en vigueur, fir deen éischstens emol opzeruffen, erëm seng Héicht anzehuelen, respektiv all déi aner Mesuren ze huelen, déi de Rapporteur virdru ganz kloer opgewisen huet. All déi Méiglechkeeten hu mer.

Wann et dann awer dozou kéim, dass sech de- finitiv erausstellt, dass dee Pilot, deem do drasëtzt, wëllt op Kettenuewen en Attentat maachen, dann ass et natierlech a leschter Ins- tanz d'franséisch Arméi, d'franséisch Loftwaff, déi dann d'Méiglechkeet huet, iwwer hirem Territoire de Fliger a leschter Minutt ofzeschéis- sen. Bei eis geet dat definitiv net.

Dat heescht, wa mer eis där doten Hypo- thees..., wa mer et aus deem dote Bléckwénkel kucken, da gött et nach eng realistesch Chance, fir esou e Fliger ofzefänken, ier et zur Katastroph..., bon, ier et zu nach méi enger grousser Katastroph kënnt.

Mir hunn awer - an dat muss een och ganz kloer soen, et ass jo och vu Virriedner gesot ginn - och en eegene Flughafen hei a mir hunn och op deem eegene Flughafen hei Jumboen an där Gréisst, déi dat dote kéinte verursa- chen an déi eigentlech da just bräichten ze starten an direkt an d'Zil eranzefléien. Ech schwätzen awer hei net nëmme vu Kettenue- wen. Mir schwätzen och vum Kierchbiere, vun den Héichhaiser, vum Stauséi ass geschwat ginn. Alles dat ass e Risiko, dee besteet. Dat wëll ech absolut net verheemlechen.

Mä et gött awer och keng Léisung fir deen dote Risiko. Well och, wa mer géife soen: „Mir akzeptéieren, dass esou e Fliger ofgeschoss gött“, da geet déi Distanz, déi dee Fliger muss zrëckleeën, respektiv vun deem Moment un, wou engem bewusst gëtt, wat dee wëlles huet, bis dohinner, wou säin Zil ass, mat Sécherheet ni duer, fir dass esou e Kampfjet an der Belsch respektiv an Holland ka starten an deen hei of- schéisse respektiv offänken. Dat heescht, deem do Reschtrisiko, dee bleift ganz kloer, an ech mengen, dat muss een esou gesinn.

Op där anerer Säit gött et natierlech och um Flughafen eng ganz Rei Kontrollen a Mechanis- men, fir eben ze évitéieren, dass et esou wäit ka kommen. Mä et wär falsch, hei d'Leit an enger Iwwerzeegung ze loos- sen, dass ni eppes ka passéieren. Dat kann ech definitiv net. Mä, wéi gesot, deem heiten Accord, dee mer elo hunn, dee gött eis elo emol e Maximum vu Sé- cherheet, dee méiglech ass mat eiser Verfas- sung, esou wéi se de Moment besteet.

Da wëll ech nach ee Wuert soen zu der Publika- tioun vun deenen Accorden, Accords de mise en œuvre technique. Do ass et esou, dass déi Accorden exklusiv den Hollänner an de Belsch hir militäresch Asazprozedure concernéieren an dass Der do muss verstoen, dass déi net d'ac- cord sinn, dass mir hei hir Asazprozedure publi- zéieren, wa si selwer dat net an hirem Land maachen.

Voilà, dat gesot, nach eng Kéier, ech si frou, dass mer elo no zéng Joer emol zumindest als Lëtzebuerg kee wäisse Fleck méi op der Land- kaart sinn, dass mer e Maximum geregelt hu vun deene Menacen, e Maximum am Grëff hunn, an dat am Aklang mat eiser Verfassung.

Merci villmools!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och, Här Minister.

Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen a mer kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6949 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6949 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwuer an de Projet ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen an 2 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie An- drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Oc- tavia Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Ober- weis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto-

lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Ly- die Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou decidéiert.

A mer kënnen zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6986, eng Deelreform vun der Berufsausbildung. D'Wuert huet direkt de Rap- porteur, den Här Claude Lamberty.

7. 6986 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.** - Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, mir debattéieren haut iwwer eng punktuell Re- form vun der Formation professionnelle. Punk- tuell, well se sech mat e puer ganz wichtige Schaltheiwele beschäftigt, déi sech beson- nesch fir d'Schüler positiv auswirken. Et gött hei op Lacunne reagiert, déi de System mo- mentan huet an déi eis jonk Leit, déi matten an der Berufsausbildung sinn, net solle widder eng Mauer lafe loos- sen, fir d'Zukunft vun deene jonke Leit am Land also net ze hypothe- kéieren.

Erlaabt mer, e kuerzen Historique ze maachen, wéi mir haut an där Situatioun sinn, fir mussen esou eng Mikroreform ze maache vun eppes, wat nach eng gréisser Reform ab Hierscht wäert no sech zéien.

Eng Reform vun der Formation professionnelle gouf am Joer 2008 eng éischte Kéier ge- stëmmt, mam Zil, déi gesamte Bandbreit vun der Berufsausbildung zu Lëtzebuerg vu Grond op ze reforméieren. Eng ganz Rei Leit hunn net zu Onrecht vun der gréisster Schoulreform ge- schwat, déi Lëtzebuerg jee erlieft huet, inklusiv deene gréissten Erausforderungen, deenen ee sech konnt stellen.

En Neistart vun der ganzer Berufsausbildung kléngt extrem innovativ, ass e groussen Chal- lenge, mä do muss een hannert deene Wieder vläicht ganz kuerz erklären, wat dat genee heescht. Progressiv goufe säit 2010 120 Forma- tiounen, 120 verschidde Berufsausbildungen an eise Schoulen nei organiséiert an nei age- fouert. 120 Formatiounen heescht natierlech 120-mol ënnerschiddlech Erausforderungen, 120 verschidde Problemfelder an 120-mol ver- schidde Besoinen.

Eleng déi Zuel léisst eranen, dass et sech ëm e ganz groussen Challenge handelt, deem net ganz esou einfach um Terrain ëmzesetzen ass. Dohannert stécht souwuel e ganz grouse mënschlechen Invest vun de responsabele Leit, déi sech um Ausschaffe vum Projet bedeelegt hunn, wéi och natierlech de Leit um Terrain. Et kann ee sech natierlech froen, firwat déi grondleeënd Ännerungen 2008 komm sinn a wat d'Ziler waren, fir 2008 d'Gesetz ze stëm- men an déi ganz Berufsausbildung quasi vu Grond op nei ze gestalten.

Déi Ännerunge waren 2008 aus véier Grënn gemaach ginn: éischstens, fir d'Qualitéit vun der Formatioun ze assuréieren, voire ze erhéien; zweetens, fir d'Integratioun an d'Aarbechtswelt ze verbessern; drëttens, fir den Accès op de Lifelong Learning ze garantéieren, a véiertens, fir den Taux d'échec erofzesetzen.

Dat Ganzt hat een iwwergeuerdnet Zil, an dat war, dass keng Jonker hei am Land d'Schoul ouni Diplom sollte verloo- sen. Opgebaut op Kompetenzen a Modullen, war déi nei Forma- tion professionnelle an der Realitéit awer enorm komplex ëmzesetzen. De Schüler hat elo net méi dee klassesche Punktesystem, och net méi ee ganz strikte Joresystem, mä quasi een A-la-carte-Menü, wou e seng Kompe- tenzen an de verschidde Modulle konnt ën- ner Bewäis stellen.

Fir net bestane Modullen huet een eng kloer definéiert Zäitfëster, fir déi Modullen noze- huelen. Einfach gesot, et konnt een also ee Mo- dule net packen am Joer an awer weider a sen-



ger Formation kommen, fir déi Moduller spéider am Laf vun der Ausbildung och nozehuelen.

De Schüler gouf also net a senger Ausbildung gebremst. Dat sollt e positiven Incentive fir de Schüler sinn, e Message: „Mir loosse dech net falen, du kanns eppes nohuelen, wat s de elo net direkt gepackt hues.“ Déi Iddi war sécherlech ganz positiv gemengt, mam Zil, de Schüler ze ënnerstëtzen an e positiv ze begleeden op sengem Wee an der Berufsausbildung.

Ech sot et virdrun, et war an ass awer och haut nach eng schwiereg Saach, fir déi nei Formation professionnelle an der Realitéit ëmzesetzen. Sou war et eng Reform, déi insgesamt op vill Schwierigkeeten um Terrain gestouss ass an déi bis haut och wierklech net all Mënsch zefridde stellt, well eng ganz Rei u Chantieren do sinn, dat souwuel am Organisatoresche wéi eben och am System selwer.

D’Gesetz vum 19. Dezember 2008 hat einfach eng ganz Rei Inkohärenzen an och Defiziter, an dat muss een och einfach esou verstoen. Eng qualitativ Studie vun der Uni Lëtzebuerg am Joer 2015 huet op genau déi Schwierigkeeten higewisen, ënner anerem um Niveau vun der Organisatioun vun de Rattrapagesmodullen.

Fir op d’Inkohärenzen am 2008er Gesetz ze reagieren, huet de Ministère am Januar 2015 schonn e Projet de loi déposiert, dat heescht viru gutt annerhallwem Joer. Well dës Initiativ allerdéngs vun de Chambres professionnelles an och anere Partner vun der Organisatioun an der Berufsausbildung als verfréit ugesi gouf an e Moratoire gefrot ginn ass, gouf dee Projet de loi gestoppt.

D’Berufsausbildung ass eng Partnerschaft tëscht villen Akteuren, déi alleguer zesumme fir d’Ausbildung vun deene Jonken zoustänneg sinn. Dofir war et och wichteg, op d’Partner ze lauscheren an dee Projet de loi dunn ze stoppen.

Méi déif gräifend Analysen iwwert de Fonctionnement, d’Stärkten an natierlech d’Schwächte vun der Reform sollten als Eischt gekuckt ginn. Den Dialog tëschent de verschiddenen Akteuren, dem Ministère, de Chambres an alle Partner, déi mat um Dësch setzen, wann et ëm d’Zukunft vun de Beruffer, d’Zukunft vun eise Schüler an der Berufsausbildung geet, deen Dialog, deen ass do. An Hierscht 2016 wäert et ginn, fir déi gréisser Reformen zesummen ze diskutieren, wann dann déi sougenannte Makroreform an der Formation professionnelle am Dialog zesumme wäert realiséiert kënne ginn.

Et konnt een awer op kee Fall op déi grouss Reform waarden, fir déi Schüler, déi elo direkt concernéiert sinn, am Rees stoen ze loosse an hir Zukunftschancen am Beruff ze verbaue. Bis déi grouss Reform am nächste Schouljoer also diskutéiert a clôturéiert gëtt, sinn dofir am Sënn vun de Schüler an am Sënn vun der Organisatioun an de Schoule verschidde Mesurë proposéiert ginn, déi mir haut hei debattieren.

Wat sinn elo déi Hürden, déi direkt mussen adaptéiert ginn?

D’2008er Gesetz huet virgesinn, dass de Schüler maximal ee Joer huet dierfe méi brauche wéi d’Regelstudiendauer laang ass. Konkret war dat esou: E Schüler, deen en DAP oder e CCP an dräi Joer Regelstudiendauer huet solle maachen, hat insgesamt véier Joer zur Verfügung, fir säin Ofschloss dann och mussen ze maachen. E Schüler, deen den Diplom vum Technicien wollt maachen, deen am Normalfall also véier Joer ass, hat der insgesamt maximal fënnf Zäit, fir mussen ofzeschleissen.

Déi Zäitfënster vu Regelstudiendauer plus ee Joer derbäi, déi fält elo ewech. Firwat? A la lettre ugewannt, heescht dat näamlech: E Schüler, deen e Module net gepackt huet, deem also ee Module no der Regelstudiendauer plus ee Joer feelt, géif écartéiert. De System ass hei an der Berufsausbildung also méi streng wéi an allen anere Formatiounsrichtungen, déi an eise Lycéen ugebuede ginn. Do dierf een näamlech, op d’mannst theoretesch, all Joer redoublieren.

Déi Ongerechtegkeet gëtt elo hei erausgeholl, fir dem Schüler eng gewësse Sécherheet par rapport zu senger eegener Zukunft ze garantieren. Et gëtt deem jonke Mënsch hei d’Angscht virun enger Mauer geholl, eng Mauer, déi fir eng Rei Schüler leider ëmmer méi no koom.

Ech maachen drop opmierksam, dass de Punkt vum totalen Ophiewe vun der Zäitfënster ganz sécher nach Diskussiounen an der Makroreform wäert mat sech bréngen, ganz besonnesch, wann een d’Kommentare vun eenzelnen Aweise liest. Mä zu dësem Zäitpunkt war et am Sënn vum Schüler, dass dee Schrëtt gemaach gouf.

Eng Reorientatioun vum Schüler ass natierlech duerch de Conseil de classe zu all Moment

méiglech. Also ass d’Gefor och éischer vun theoretescher Natur, dass e Schüler elo illimitéiert an enger Formation géif hänke bleiwen.

Eng zweet Saach, déi reforméiert gëtt, ass, dass d’Projets intégrés intermédiaires fir Plein-temps-Klasse suppriméiert ginn, dëst aus engem ganz einfache Grond: Et huet sech an de Schoulgebaier als extrem schwierig erausgestallt, fir déi Projets intégrés intermédiaires och kënnen ze organisieren, dëst souwuel bei der Infrastruktur wéi och bei der Manpower, also de Leit, déi gebraucht ginn, fir dat och kënnen duerchezéien.

Et muss een do näamlech wëssen, dass an de Schoulgebaier extrem vill Enseignanten, Raim, Klassenäll an Ateliere blockéiert ginn, fir déi Projets intégrés intermédiaires ze organisieren. Déi Raim, déi Klassenraim, déi Ateliere, déi Enseignanten, déi ginn awer och alleguer gebraucht, fir den normalen Alldagsbetrib an de Schoule kënnen ze garantieren. A fir also deen normale Schoulbetrib net weider ze belasteschen, gëtt dee Punkt bei de Plein-temps-Klassen ofgeschafft. Dat erlichtert d’Schoulorganisatioun an de jeeweilege Gebaier enorm!

De Projet de loi gesäit och vir, d’CCP-Formatiounen ze revaloriséieren. Dat ass eng Demande, déi een ëmmer nees héiert, wann ee mat Patrone schwätzt, an déi och bei der Basis vun de Chambren eng breet Ënnerstützung fënnt. D’Evaluatioun gëtt dofir adaptéiert an e Projet intégré final um Enn vun der Formation agefouert.

Da gëtt et eng Ännerung, wat d’Visite médicale vun de Schüler ubelaangt. Well ee jonke Mënsch, dee sech an eng Berufsausbildung wëllt umellen, dee muss jo apte sinn, fir och kënnen e ganz besonnesche Beruff dierfen ze maachen. Hei kritt de Schouldokter d’Aufgab, d’Schüler bei den obligatoresche Visitten op Septième an Neuvième esou ze ënnersichen, fir feststellen, ob Beanträchtege beim Schüler bestinn, fir verschidde Beruffer kënnen oder eben net kënnen ze maachen.

Et gi Kritären, déi vun der Aarbechtsmedezinn definéiert goufen, fir Beruffer net kënnen ze maachen, an déi ginn, wéi gesot, ab sofort vun de Schoulmedezinner kontrolléiert. Dëst verhënnert, dass Schüler Formatiounen ufänken, déi si aus gesondheetleche Grënn ni kéinten ofschleissen. Falls de Schouldokter elo Doutten hätt par rapport zu engem Gesondheitszustand an engem bestëmmte Beruffswunsch vun engem Schüler, kann hien e Spezialist zu Rot zéien. A wa se gemeinsam weider Doutten hunn, wat jo emol ka virkommen, dann trëfft eng Spezialkommissioun, déi sougenannte Commission d’accès, eng Décisioun.

E leschte wichtege Punkt betrëfft d’Mise en place vun engem Service d’accompagnement bei der Validatioun vun der Berufserfahrung. Säit 2008 kann ee sech seng Experienz, déi een am Beruff jo automatesch och kritt, certifiéieren. Dat non-formell Léieren, also d’Berufserfahrung, ass een enorm wichtege Deel vum Léierprozess am Liewe vun deene jonke Leit.

Et gouf allerdéngs festgestallt, dass ganz vill Schüler of Problemer hunn, fir déi administrativ Démarché richtig ze maachen. Fir d’Schüler also sënnvoll kënnen ze begleeden, déi hir Berufsausbildung och richtig validéieren solle kënnen, gëtt dee Service d’accompagnement agefouert.

Nach eng Kéier e kuerzen Iwwerschlag, wat an de leschte Jore gemaach gouf, fir d’Reform unzekuerbelen, se ze verbessern a se ze preziséieren. Et gouf eng Präzisioun vun der Cour constitutionnelle Enn 2013, dass alles, wat d’Education betrëfft, just iwwer e Gesetz dierf geännert ginn an net iwwer Règlement grand-ducal. Do koom jo elo ganz kierzlech eng Verfassungännerung, soudass dee Punkt elo preziséiert ass.

Säit 2014 sinn iwwert d’Instructions ministérielles Moosname geholl ginn, fir ganz ville Jonken am Échec scolaire ze hëllefen. Jiddweree muss Chancen zur Verfügung gestallt kréien, fir sech op engem héijen Niveau kënnen ze qualifizieren.

Säit August 2015 waren eng ganz Rei Entre-vuen tëschent dem Ministère an de Chambres patronales et salariales. D’Équipe curriculaire an de Collège des directeurs aus dem Technique hunn déi néideg Ännerungen identifizéiert. Dat ass e konstruktivt Zesummeschaffen am Intérêt vun deene Jonken a vun den Entrepreneuren.

Ab der Rentrée 2016/2017 gëtt also iwwert d’Changementer am Gesetz vum 2008 alles dat geännert, wat ech elo grad thematiséiert hunn. Dëst ass awer just eng Etapp um Wee hin zu där Makroreform an der Berufsausbildung, do si sech d’Partner ronderëm de grouse Beruffsdësch eens. Mä et ass eng wichteg Etapp, déi sënnvoll ass an déi d’Schüler net widder eng Mauer lafe léisst.

Wat déi eenzel Avisen ugeet, déi erakomm sinn, verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Dëst gesot, wënschen ech de Schüler, déi duerch dës Mikroreform elo eng Sécherheet kréien, fir hir Formatioun kënnen weiderzemaachen, bonne Chance, a wënschen all de Partner ronderëm den Dësch fir d’Makroreform déi néideg Iwwersiicht an d’Duerchsetzungsverméigen, fir dass d’Formation professionnelle dee Stellwäert anhuele kann, dee se verdéngt, an déi Schwaachstelle kënnen behuwe ginn, déi bei 120 verschiddene Formatiounsrichtungen net einfach ze léise sinn!

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An ech ginn d’Wuert weider un d’Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. An och Merci dem Rapporteur. Dir Dammen an Dir Härren, ech wäert haut op véier Punkten agoen. Dat Eischt ass, datt ech soen, datt dëse Projet de loi onnëtz iwwert de Knéi gebrach ginn ass, an zweetens, en ass kennzeechent duerch dräimol respektlos Virgoen, eemol vis-à-vis vun de Berufskummeren, vis-à-vis vun der Chamber a vis-à-vis vun de Betraffenen, de Schoulen, den Enseignanten, de Schüler. Drëttens, trotz nëmme enger Minireform ass et erstaunlech, wéi vill Froen en nach opwerft. A véiertens kréie mer elo een onméiglech komplizéiert Promotiounsreglement, wat net konform ass zu eiser Verfassung.

Ech fänke beim éischte Punkt un. Dëse Projet de loi ass onnëtz iwwert de Knéi gebrach ginn, d’Urgence ass hausgemaach. 2014 hate mer, virun zwee Joer hate mer eng Interpellatioun hei iwwert d’Berufsausbildung, wou mer op d’Problemer higewisen hunn, wou mer Léisméiglechkeete virgestallt hunn, wou och de Minister Léisméiglechkeete virgestallt huet. Da kann ee sech also froen: Firwat ass zwee Joer laang näischt geschitt?

Wéi nom Dépot vum Projet de loi am Januar 2015 d’Constitutionsproblemer opgefall sinn, hu mer lafend drop higewisen, datt mer net sollte waarden, bis datt den Artikel 32 vun der Constitution géif geännert ginn, datt mer an der Chamber gäre wéilt mat um Projet schaffen, datt vill Upassunge méiglech wäeren och ouni Gesetzesännerungen, datt viles kéint mat engem neie Promotiounsreglement geregelt ginn, datt vill Viraarbechte misste gemaach ginn an esou weider. Wat ass geschitt? Näischt!

Am Dezember hu mer Neiegekeeten zur Reform - esou wéi dat bei dëser Regierung leider dacks übblech ass - iwwert d’Press héieren. Et ass geschwat ginn, et ass gesot ginn, et kéime warscheinlech erëm Punkten. Als CSV wollte mer endlech informéiert ginn iwwert dat, wat de Minister dann elo wëlles hätt, an hunn hien an d’Kommissioun geruff. Mir hunn awer näischt héiere vum Här Minister.

Déi lescht Woch koom hien du mam Projet de loi an d’Kommissioun, siwe Méint nodeem mer hie geruff haten! D’Urgence ass definitiv hausgemaach: Zweek, dräi Joer getrentelt, an dann esou e wichteg Gesetz wierklech an enger Woch iwwert de Knéi gebrach, dat ass net akzeptabel!

Dann dräimol respektlos virgoen. Eemol respektlos vis-à-vis vun der Chamber. D’Berufsausbildung läit eis als CSV richtig um Häerz. Mir sinn eis als CSV bewosst iwwert d’Bedeutung vun der Berufsausbildung vum Handwerk. Opgrond vu mengem fréiere Beruff - mir waren dee Lycée mat deene meeschte Formations phares - läit se mer ganz besonnesch um Häerz.

An et ass wierklech fir ze kräischen, wéi d’Regierung mat dësem Dossier ëmgeet! Dës hausgemaachten Urgence, dëst Virgoe beim Projet de loi kënnen mer net akzeptieren. Wéi gesot, déi leschte Kéier, wéi mer den Här Minister geruff hunn, huet et siwe Méint laang gedauert, bis datt e komm ass. Ech hunn ëmmer gemengt, dat géif net goen. Dat ass op jidde Fall kee respektvollt Handele vis-à-vis vun der Chamber.

Eis geet et ëm d’Saach. An ech gesinn de Rôle vun der Opposition net als deen, datt mer hei heiansdo de Clown spillen, fir datt e bëssen Animatioun soll sinn an der Chamber. Et soll eis ëm d’Saach goen! An d’Berufsausbildung ass immens wichteg an déi mussen mer och wichteg huelen.

Datt mer also elo an der Urgence sinn, ass hausgemaach. Awer dann trotzdem erëm eng Kéier déi, ech soen elo emol, iwwerhiefléich Aart a Weis vis-à-vis vun der Chamber. Den 30. Juni hate mer fënnf Minutte Presentatioun vum Projet de loi. Den 1. Juli krute mer du schonns de provisoiresche Rapport geschéckt,

ouni iwwert de Projet de loi geschwat ze hunn. Mir kruten och gesot, datt, wa mer Amendementer hätten, misste mer déi elo direkt bréngen.

Datt de provisoiresche Rapport scho geschriwwen ass, ier iwwer e Projet de loi diskutéiert gëtt, ka vläicht eemol virkommen, awer u sech net, wann den Zäitdruck hausgemaach ass. Mä datt mer eis Amendementer och nach misste bréngen, ier mer iwwert de Projet de loi diskutéiert hunn, dat ass net akzeptabel!

Konstruktiv Oppositionsaarbecht ass esou net méiglech. Déi schéngt net erwünscht ze sinn.

Et ass awer och respektlos vis-à-vis vun de Berufskummeren, wat u sech nach vill méi schlëmm ass, well déi missten ee gläichberechtigte Partner an der Berufsausbildung sinn. Ouni si geet et net. Mir brauchen d’Betriber.

An der Kommissioun krute mer nach bestätegt, datt si e ganz wichtege Partner wäeren. Hei kann ech dann awer nëmme vu Schäinhellegkeet schwätzen, well, firwat sinn hir Avisen, notament déi vun der Chambre des Salariés an der Chambre des Métiers, net un de Statsrot weidergeleet ginn? Firwat krute mir se eréischt, wéi mer se nogefrot hunn? Firwat si se iwwerhaupt net an der Kommissioun duerchdiskutéiert ginn? Hir Aarbecht war also fir d’Kaz, fir d’Galerie. Dat ass definitiv respektlos vis-à-vis vun de Berufskummeren.

D’Chambere weisen och nach drop hin, datt si méi ewéi eemol eng Demande elo un de Ministère gemaach hunn, fir iwwert déi grouss Linne vun der Makroreform informéiert ze ginn. Si hunn awer anscheinend keng Äntwert kritt. Nach een Zeeche vu Respektlosegkeet, virun allem wa mer elo wëssen, datt de Minister, hie sot eis dat, am Hierscht géif déi grouss Linne vun der Makroreform virstellen. Do wäerten d’Berufskummeren also kaum beim Ausschaffe mat agebonne gewiescht sinn.

De Ministère muss sech wierklech bewosst sinn, datt eng performant Berufsausbildung net ouni Betriber am Boot geet. Dann ass et awer och nach respektlos vis-à-vis vun den direkt Concernéierten, Schüler, Elteren, Enseignanten, Direktiounen, Betriber. Duerch déi hausgemaachten Urgence weess am Moment um Enn vum Schouljoer kee vun de Concernéierten, wat d’nächst Joer genau leeft. D’Schüler kréien en neit Promotiounsreglement. D’Iwwergangszäit muss organiséiert ginn. D’Täché vun den Enseignantë mussen elo berechent ginn. Och dëst hätt kënnen, hätt misse verhënnert ginn.

Dir Dammen an Dir Härren, da kommen ech zum Projet de loi selwer. Ech hu gesot, et ass erstaunlech, datt esou eng Minireform esou vill Froen kann opwerfen. Mir kruten am Ufank gesot, mir géifen hei just déi Adaptatiounen maachen, déi onbedéngt noutwendeg wäeren, fir datt de System géif viabel bleiwen. Dat ass awer net de Fall! Et sinn och nach aner Saache geännert ginn. Da muss ee sech froen: Firwat déi eng Saachen a firwat net déi aner Saachen? Eng richtig Äntwert krute mer heirop net.

Da ginn ech op deen éischte Punkt an, dee geännert ginn ass. Dat ass d’Ausbildungsdauer. Den Här Lamberty huet et scho gesot: Bis elo stoung am Gesetz, datt d’Ausbildung maximal dierf „n+1“ daueren. Dat heescht, en DAP, wann deen dräi Joer normal Ausbildungszäit huet, da wär déi maximal Ausbildungszäit véier Joer. Duerno hätt misse de Rescht am Lifelong Learning gemaach ginn, wat u sech ni organiséiert ginn ass, wou mer och schonn nogefrot haten. Et war ni eppes organiséiert fir de Lifelong Learning.

Mä mir kënnen domadder averstane sinn, datt dëst „n+1“ warscheinlech ze streng war. An et war jo och duerch déi Instruction ministérielle am Prinzip schonns ausser Kraaft gesat ginn. Mä elo gëtt all Begrenzung komplett opgehuewen. Mir haten och gefrot, firwat. Do krute mer gesot, d’Chambere wäer sech net eens ginn. Dann ass et awer nach net onbedéngt eng Léisung, fir all Begrenzung opzehiewen, well dee wichtigste Partner, d’Chambre des Métiers, ass net domadder averstanen.

Wéi geet et mam Contrat d’apprentissage weider? D’Betriber verléieren heimadder all Planungssecherheet. Wa mer gäre weiderhi motivéiert Betriber an der Berufsausbildung hätten, dann hätt misse mat hinnen zesummen eng Léisung fonnt ginn. Dat hätt kënnen iwwer e Projet de loi geschéien. Dat hätt awer och kënnen iwwert d’Promotiounsreglement geschéien, wou och eng Begrenzung méiglech gewiescht wier.

Deen zweete Punkt: D’CCP-Ausbildunge ginn opgewäert, andeems datt si ee PIF, also ee Pro-



jet intégré final kréien. Dat hate mer och schonns esou an der Interpellatioun gesot. Dat ass also erëm e gutt Beispill, datt dëst och schonns hätt kënne virun zwee Joer gemaach ginn.

Een drëtte Punkt: D'Admissioun vun engem Schüler an d'Beruffsausbildung gëtt ofhängeg gemaach vun enger favorabler Attestatioun vun der Médecine scolaire. Am Prinzip ass dat eng gutt Saach. Mä mir hunn awer och nach Froen heizou.

No wéi enge Kritäre sinn hei d'Kritäre fir d'Inaptitude professionnelle fir all Ausbildung ausgeschafft ginn? Ech hoffe jo, datt se besser ausgeschafft gi si wéi dat, wat am Commentaire des articles steet. Do ass nämlech ee Beispill: Wann een Epilepsie hätt, da kéint een net Jardinier-forestier ginn, well et kéint een net mat der Motorsee schaffen.

Da muss ech lech soen: De Beruff Jardinier-forestier, dee gëtt et guer net! A wann et de Jardinier wier, da brauch en net mat der Motorsee ze schaffen. Ech hoffen also, datt, wann déi Kritären ausgeschafft sinn, se besser sinn, wéi dat dote Beispill.

Wichtig ass op jidde Fall, datt dës - ech soen elo emol - „Kontroll“, tëschent Gänseféisschen, schonns mat an d'Orientierungsprozedur integréiert gëtt. De Schüler muss vun Ufank u wësen, wéi eng Beruffer en duerch ee festgestallte Problem net kann ausüben.

Hei stellt sech dann och schonns d'Fro: Sinn d'Schouldokteren elo schonns informéiert? Well och wann d'Admissiounen eréischt solle fir d'Schouljoer 2017-2018 no dëse Kritären ulafen, esou missten d'Attestatiounen jo awer schonns am Laf vum nächste Schouljoer festgehale ginn.

Dann ee véierte Punkt. De Projet intégré intermédiaire gëtt fir Plein-temps-Klassen ofgeschafft, virun allem aus organisatoresche Grënn. Am Kader vun der Interpellatioun hat ech schonn drop higewisen, datt de Projet intégré intermédiaire ee ganz performant Mëttel wier, fir ze evaluéieren. Ech hat och drop higewisen, datt et vill organisatoresch Probleemer géife ginn. Ech hu mer awer soe gelooss, datt dës organisatoresch Probleemer mëttlerweil esou lues am Grëff wären.

Dofir meng Fro: Ass hei wierklech eng Analys bei allen Equipe-curriculairen an alle Schoule gemaach ginn, wou wéi eng Probleemer géife bestoen, ier dës Décisioun geholl ginn ass?

An der Kommissioun krute mer just gesot, datt sech déi grouss Plus-value vum Projet intégré intermédiaire neterausgestallt hätt. Da wëllt ech awer gäre wëssen, op wéi eng Analysen datt de Ministère dës Aussoe baséiert, well d'Chambre des Métiers an och den SEW - dat ass déi eenzeg Proffgewerkschaft, déi sech zu Wuert gemellt huet - si sech eens, datt de Projet intégré intermédiaire eng ganz performant Evaluatiounsmethod ass an och déi eenzeg, fir sech herno op de Projet intégré final virzebereeden, fir dat interdisziplinäert Denken ze fërdere. A si sinn dergéint, fir de Projet intégré intermédiaire ze sträichen.

Mengen Informatiounen no wollten och vill Equipe-curriculairen e bäibehalen. Hinne schéngt also och net nogelauschtert ze ginn. Wär et net méiglech gewiescht, fir de Projet intégré intermédiaire prinzipiell bäizebehallen an den Equipe-curriculairen d'Méiglechkeet ze ginn, fir eng Derogatioun unzefroen?

Als CSV si mer op jidde Fall dergéint, datt dëst performant Evaluatiounsinstrument einfach esou aus dem Bauchgefill vum Ministère ouni grondleeënd Analys ofgeschafft gëtt.

Zousätzlech stelle sech nach eng Partie Froen zum Projet intégré intermédiaire. Wat ass en iwwerhaupt? Ee Module? Dat steet néierens méi! Datt de Projet intégré final ee Module ass, steet nach am Text.

Firwat zielt en nach bei der Promotioun? Den Här Minister sot zwar, hie misst gepackt ginn, mä de Règlement grand-ducal gesäit keng Dispositioun vir, wat d'Pacte vum Projet intégré intermédiaire ugeet. Dat heescht, en zielt just nach fir d'Pai.

De fënnefte Punkt, d'Validation des acquis de l'expérience. Hei gëtt also eng besser Betreierung vun de Kandidate geplangt. Dëst ass och gutt. D'Leit, déi en anstännegen Accompagnement kréien, hu wesentlech méi Chancen, den Diplom ze kréien.

Mä als CSV soe mer, datt elo, wou de Ministère d'VAE, also d'Validation des acquis de l'expérience, schonns upeekt bei der Minireform, dann hätt awer och missen déi gesamt Prozedur hei iwwerkuckt ginn!

Ech soen lech kuerz, wéi et ofleeft. De Kandidat muss een Dossier eraginn iwwer säi gesamte Parcours professionnel. Hie kritt jo elo gehollef bei deem Dossier. Ech kann lech och soen, déi Dossieren, dat ass net ohne, dat mécht een net einfach esou. D'Kommissioun evaluéiert dann opgrond vum Dossier, ob e säin Diplom kritt oder net.

Dir Dammen an Dir Hären, hei schwätze mer awer virun allem vu praktesche Beruffer: Ee Bäcker, Metzler, Bëschaarbechter, Elektroniker, et cetera kann net onbedéngt e perfekten Dossier schreiwen. Ganz dacks kann en et och net an dofir ass en Handwierker. Dat ass och net säin Job. Dat sinn net d'Kompetenzen, déi e brauch fir säi Beruff. Dat sinn awer Kompetenzen, déi geprüft ginn. De Bëschaarbechter, zum Beispill, muss kënne eng Duerchforstung plangen a Beem ëmhaen, an net en Dossier driwwer schreiwen. Misst also net d'Evaluatioun sech op déi Kompetenzen konzentréieren, déi am Beruff gefrot ginn?

An der Kommissioun krute mer gesot, de Ministère géif dorunner denken, fir bei der Maxireform nach zousätzlech Ännerungen ze maachen. Firwat kënne d'Saachen dann net einfach bis zum Schluss duerchduecht ginn, wann Upassunge scho gemaach ginn? Dëst ass ee Gewurschtels!

Sou, da kommen ech och schonn zu mengem leschte Punkt: engem onméiglech komplizéierte Promotiounsreglement, wat awer am Prinzip jo d'Kärstéck fir de Schüler duerstellt, well et décidéiert, ob en et packt oder net. An et ass och nach net konform zu eiser Verfassung.

Ech fänken emol mat deem onméiglech komplizéierten Deel un. Ech géif lech wierklech alleguer bieten, eemol dëse Règlement grand-ducal duerchzeliesen. An am léifste géif ech lech duerno froen, ob Der alles verstanen hutt. Et sinn Artikelen dran, oder een Artikel zumindest, deem ass contraire zu engem Artikel am Projet de loi.

Ech ginn lech elo emol ee Beispill vu komplizéiert: «Pour les paragraphes 3, 4 et 5, le seuil de respectivement 80, 85 et 90% est égal au produit, tronqué à zéro décimal, du nombre de modules obligatoires au programme...» An esou weider.

Hei geet et ëm d'Promotioun bei eise Beruffsschüler. Kann ee CCP-, DAP-Schüler esou eppes verstoen? Den Här Minister sot, datt hien dat net misst verstoen. De Proff géif him dat schonns erklären. Mä ech hoffen dann, datt den Enseignant den Elteren et erkläert, an den Elteren och nach gutt erkläert, datt, wa si zwee Kanner an der Beruffsausbildung hunn, déi ënnerschiddlech laang Formatiounen maachen, déi Kanner dann och nach ënnerschiddlech Promotiounskritären hunn.

E puer Punkte fanne mer als CSV awer och prinzipiell gutt.

► **Une voix.** - Aah!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Et gëtt eng järelech Promotioun agefouert. Dat ass warscheinlech noutwendeg, fir ze verhënneren, datt ze vill Moduller matgeschleeft ginn, ouni d'Chance ze hunn, se jeemoos eemol ze packen.

Et gëtt e Bilan intermédiaire agefouert a fir d'Promotioun zielen net nëmmen nach d'Kompetenzen am Allgemengen, mä déi beruffsbezunne Kompetenzen ginn als zousätzlech Konditioun separat gekuckt.

All dës Punkten hate mer och esou bei der Interpellatioun gefrot. Heimadder si mer also averstanen, et hätt awer och schonns kënne virun zwee Joer geschéien.

Mä als CSV fäerte mer, datt mat dësem Promotiounsreglement d'Resultater, d'Schüler, déi pro Joer weiderkommen, nach méi schlecht si wéi elo. Ech erënneren emol eng kéier un d'Promotiounsreglement vum Classique. Do huet een 29 Komma iergendeppes herno an der Moyenne vu sengem Fach. Da geet et duer. Dat heescht, et kann ee schonn emol e puer kräfteg Datze während dem Trimester hunn an et kann een och nach eng kräfteg Datz am Trimester hunn. Wann et herno 29 Komma iergendeppes ass, geet et duer. A wann een nach 38 an der Joresmoyenne huet, da kann een och nach zwou Datzen herno um Enn vum Joer kompenséieren.

Dat ass also e relativ einfache System, deem ech lech an zwee Sätz konnt erklären, an en ass och nach relativ generéis vis-à-vis vun deem vun der Beruffsausbildung.

Wat gesäit den Här Meisch elo vir bei der Beruffsausbildung? Ma fir ee Module ze packen, muss ee mindestens 80% vun den obligatoresche Kompetenzen gepackt hunn. Fir am Joer virunzekommen oder ee Bilan ze packen, muss een tëschent 80% oder 90% vun den obligatoresche Moduller gepackt hunn. Dat ass vill méi streng wéi am Classique!

Ech fänken emol mat deem éischten Deel un. Fir ee Module ze packen, muss een also 80% vun den obligatoresche Kompetenzen gepackt hunn. Dir Dammen an Dir Hären, dat si leider ganz dacks einfach 100%.

Ech erkläre mech. Et muss ee mindestens 80% hunn. Wann e Module also zwou obligatoresch Kompetenzen nëmmen huet, minimum 80%, ass 1,6, sinn also déi zwee, ass also alles. Wann ee Module dräi obligatoresch Kompetenzen huet, minimum 80%, ass 2,4, sinn erëm eng kéier déi dräi, ass erëm eng kéier alles. Wann e Module véier obligatoresch Kompetenzen huet, minimum 80%, ass 3,2, sinn erëm eng kéier véier, ass erëm eng kéier alles. Eréischt ab fënnef obligatoresche Kompetenzen kann een eppes kompenséieren.

Ech hunn déi lescht Woch einfach esou e puer Evaluatiounsrummen um Site vum MEN gekuckt. An ech hunn net déi gekuckt, wou ech mech auskennen, ech hunn der einfach esou erausgesicht. An et gëtt nach ëmmer immens vill Moduller, déi manner wéi fënnef obligatoresch Kompetenzen hunn. Also nach ganz vill Moduller, wou d'Schüler theoretesch alles musse wëssen. Dëst ass net realistesch! Hei brauche mer eis net ze wonneren, wa vill Moduller net gepackt ginn a mussen nogeholl ginn.

An ech kann dem Här Minister och soen, datt ech mer keng Freed draus gemaach hunn, fir dës Moduller erauszeseichen, esou wéi hie mer dat ënnerstallt hat an der Kommissioun.

Hei wären also, esou wéi mer dat schonns ëmmer gesot hunn, vill Saachen ze maache gewiescht, ouni ze reglementéieren. De Ministère huet seng Hausaufgaben net gemaach. De Ministère misst matzäit kloer Richtlinnen erausginn.

Wann d'Makroreform elo soll d'nächst Joer kommen, mat erëm engem neie Promotiounsreglement, da mussen d'Équipes curriculaires matzäit informéiert gi respektiv mat bei den Aarbechten agebonne ginn. Si schaffen dat aus, wat um Terrain ëmgesat gëtt. Hinne muss genuch Zäit zur Verfügung gestallt ginn, fir dat ze maachen.

Sou, dat do war elo, wéini datt een ee Module packt, also mindestens 80% oder heiansdo och alles. Wéini kënnt een dann am Joer weider? Jee no Formatiounsniveau, DAP, CCP oder DT, a jee no Dauer vun der Formation muss een ënnerschiddlech Prozentsätz vun de Moduller gepackt hunn, dat läit tëschent 80% an 90%. Dat ass esou, wéi wann ee géif soen, een Technicien, dee brauch 40 Punkten, een DAP brauch 30 Punkten an ee CCP brauch 20 Punkten. Dat ass jo net logesch! Den Niveau vun deem, wat ënnerriicht a geprüft gëtt, muss un de Formatiounsniveau ugepasst ginn, net d'Promotiounskritären, déi sollen déiselwecht sinn.

Als CSV si mer, esou wéi och d'Chamberen, kloer fir méi en einfache System mat deene selwechte Prozentsätz, déi musse gepackt sinn, fir weiderzekomme respektiv fir de Bilan intermédiaire oder final ze packen.

An an deem Kontext muss ee sech och froen: Wou kënnt de Minister oder de Ministère elo un déi 80, 85 oder 90%? Ass dat einfach esou aus dem Bauchgefill eraus? Wann een esou eppes plangt, da misst een, an eisen Aen, zumindest emol eng Simulatioun maachen, wat esou eng Kritäre fir Konsequenzen hunn.

Ech hunn zweemol nogefrot, fir esou eng Simulatioun ze kréien. Déi éischte kéier krut ech nach gesot, dat wär kee Problem. Déi zweete kéier ass kee méi op meng Fro agaangen. Doraus schlussfolgeren ech, datt entweder keng gemaach ginn ass - dat wär an eisen Ae wierklech fahrlässeg -, oder et ass eng gemaach ginn, an datt mä Gefill, datt mat dëse Kritären nach vill manner Schüler en Ofschloss kréien, bestätegt gëtt.

Wann ee jo elo d'Joer net packt - ausser dat éischt Joer, datt kann een nach eng kéier maachen -, da gesäit de Ministère erëm en Horaire à la carte vir. De Schüler ka Moduller nohuelen zum Beispill vun der Onzième, an e mécht der awer schonn erëm vun der Douzième. Hei sinn déi Concernéiert sech alleguer eens, datt dëst sech an der Theorie ganz gutt unhéiert, mä datt et net ze organiséieren ass. Vun deem Joer un, wou dësen Horaire à la carte organiséiert gëtt, muss de Kandidat en Horaire à la carte kréie fir all déi nächst Joren.

D'Chambre des Salariés huet dat ganz treffend formuléiert: Dëst ass e vill ze vill komplexe System. Mir brauche méi en einfachen, méi en transparenten, méi e verständleche System.

An da muss ech mech beim Promotiounsreglement och froen: Wou war de Courage, fir dat do ze maachen? Et ass am Dezember vu Punkten geschwat ginn. Hei fanne mer näischt vu Punkten. Schonns bei der Interpellatioun hu mer als CSV drop higewisen, datt de System

vun de selektiven an den obligatoresche Kompetenzen net géif funktionéieren.

Nach eemol kuerz erkläert - et ass schwierig, d'Beruffsausbildung ze erklären: E Module huet verschidde Kompetenzen, déi ginn opgedeelt an obligatorescher an a selektiver. Déi obligatoresch mussen alleguer geprüft ginn an déi zielen och fir d'Evaluatioun a fir d'Promotioun. Déi selektiv mussen net alleguer geprüft ginn a se zielen iwwerhaupt net fir d'Promotioun.

Dat ass esou, wéi wann een zu eiser Zäit gesot hätt: D'Kapiteln 1 bis 10 sinn ze léieren. 1 bis 6 gi sécher geprüft an déi zielen och, fir Punkten ze kréien. 7 bis 10 gi vläicht geprüft an déi zielen net, fir Punkten ze kréien.

Ech wëll lech elo näischt ënnerstellen, mä ech hätt mech dann op d'Kapiteln 1 bis 6 konzentriert. A genau dat maachen d'Schüler hei och. Déi selektiv Kompetenzen ginn net geléiert, si ginn zum Deel e wäisst Blat of.

Firwat also net einfach deen Ënnerscheid ofschafen, eventuell d'Kompetenzen gewiichten an e bestëmmten Undeel vun alle Kompetenzen festhalen, dee muss gepackt ginn? Da kéime mer och schonn e bësse méi a Richtung vu Punkten.

Wann de Ministère wierklech amgaangen ass, un iergendwéi eppes ze denken, wat mer am Dezember héieren hunn: Firwat dann net direkt mat dësen Ännerungen elo am Promotiounsreglement kommen? Et ass net sënnavoll, d'nächst Joer, esou wéi annoncéiert, schonns erëm mat engem neie Promotiounsreglement ze kommen. Fir eis ass dëst e planlost Virgoen, wéi gesot ee Gewurschtels. Hei hätt sollen direkt een anstännegt Promotiounsreglement gemaach ginn.

Dann nach e puer Punkten, fir ze ënnersträichen, datt bei der Ausaarbechtung vun dësem Règlement grand-ducal guer net un dee wichtigste Partner, d'Betriber, geduecht ginn ass. Si schwätzen och dacks vu Verschouleschung. De Règlement grand-ducal gesäit vir, datt de Conseil de classe, wou de Patron net dran ass, ka festhalen, datt de Rattrapage an der Schoulvakanz gemaach gëtt.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schoulvakanz ass d'Schaffzäit vum Betrib an et ka jo awer net sinn, datt d'Schoul dann décidéiert: Betrib, du muss zwar däin Apprenti bezuelen, mä mir huelen der en elo emol eraus an e schafft net bei dir während där Zäit. Dat kann net sinn!

Sou, da wëll ech och nach kuerz, well et am Moment aktuell ass, op de PIF, de Projet intégré final agoen. De 26. Februar hat ech den Här Minister an enger Question parlementaire gefrot, ob hie bereet wär, d'Méiglechkeet ze analyséieren, fir e Rattrapage vun dësem Projet intégré final am Hierscht virzegesinn, fir ze verhënneren, datt d'Schüler géifen e ganzt Joer oder zumindest ee Semester, mä meeschtens e ganzt Joer verléieren.

Ech hat och gefrot, ob d'Organisation vun esou engem Projet intégré final bei der Division administrative et commerciale méi einfach wär, ob et also do méi einfach wär, ee Rattrapage am Hierscht unzebidden.

Ech krut ganz kloer Äntwerten. Éischstens, d'Schüler, déi e Projet intégré final vun der Division administrative et commerciale net gepackt hunn, genau sou wéi alleguer déi aner Schüler, kënne hir Defiziter net an der Vakanz ophuelen. Si brauche méi Zäit. Dofir ass et besser, si kréie Rattrapagecoursé während dem Wintersemester ugebueden a si maachen hire Projet intégré final am Februar nach eemol.

E Freideg hunn ech dunn net schlecht gestaut, datt de Minister elo op eemol seet, datt dat hie fierchterlech stéiert, datt een de Rattrapage ereischt kann am Wintersemester maachen. Do huet sech d'Meenung vun Här Minister also komplett geännert, well a senger Äntwert am Abrëll huet en nach gemengt, d'Schüler bräichten onbedéngt ee Semester Zäit, fir sech op de Rattrapage vum Projet intégré final virzebereeden. Dat nennen ech en zimlechen Zickzackkurs!

Déi zweet Äntwert, déi ech kritt hunn: D'Organisation vum Projet intégré final ass fir d'Formation administrative et commerciale genau sou opwendeg wéi fir déi aner Formatiounen, souguer eventuell nach e bësse méi, well mer méi Schoulen hunn.

Dunn hunn ech e Freideg schonns erëm net schlecht gestaut, datt de Minister awer just dëser Formatioun et erlaabt, fir elo am Hierscht de Projet intégré final nozemaachen.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass an eisen Aen eng komplett Ongerechtegkeet! Wann d'Schüler elo op eemol, dem Minister no, net méi esou vill Zäit brauchen, fir dat nozohuelen, wat hinne feelt, wann d'Organisation vum Projet intégré final laut dem Här Minister, ausser dës Äntwert wär falsch gewiescht, net méi



einfach ass bei der Formation administrative et commerciale wéi bei deenen aneren, da missen am Sënn vun der Gerechtegkeet och all déi aner Schüler des zweet Chance am Hierscht kréien.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Et ka jo net sinn, datt, wann eng Gewerkschaft sech virun allem fir eng Formatioun asetzt - dat ass hiert Recht -, de Minister ass awer och just fir des Formatioun eppes mécht. All déi aner Schüler hunn dann ebe Pech. Dat kann net sinn!

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech kéint elo nach op vill Punkten agoen. Dat maachen ech net méi. Mä nach een an dat ass awer, mengen ech, dat, wat awer e bëssen dem Faass de Buedem ausschléit, dat ass...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dir hutt nach sechs Minutten.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- ...datt do-duerch, datt dës Projet de loi iwwert de Knéi gebrach gëtt, datt mer duerch déi hausgemaachten Urgence elo wäerten ee Règlement grand-ducal kréien, deen net verfassungskonform ass!

De Conseil d'État weist nach eemol drop hin, datt d'Ausbildung, laut Artikel 23 vun der Constitution, een Domaine réservé à la loi ass, datt dofir den Essentiel du cadrage normatif misst aus dem Gesetz ervirgoen, dat heescht, och den Zweck, d'Konditiounen an d'Modalitéiten, no deenen déi manner essentiell Punkte kéinte per Règlement grand-ducal geregelt ginn.

Laut Artikel 32.(3) vun der Constitution kann d'Gesetz dem Grand-Duc d'Kompetenz delegieren, fir d'Reglementer ze huelen, mä et missten am Gesetz den Zweck, d'Konditiounen an d'Modalitéite festgehalen ginn.

Dat ass awer esou net am Gesetz virgesinn an dëst virun allem fir d'Kapiteln, esou seet de Conseil d'État, 1) Évaluation et décision du conseil de classe, 2) Progression a 4) Projet intégré. Also dräi wichteg Punkten. Dat heescht, wann de Règlement esou ugeholl gëtt, wéi d'Regierung et jo virhuet, an et kënnt eng Reklamatioun, wat ee jo net onbedéngt kann ausschléissen, da muss d'Gericht kucken, ob de Règlement konform ass zum Artikel 95 vun der Verfassung.

Aus deenen opgezielte Grënn wäert d'Gericht da festhalen, datt d'Reglement géint den Artikel 95 vun der Verfassung verstéisst an datt et doduerch eben net méi ugewannt ka ginn. Dës Problem ännert sech och elo net do-duerch, datt mer deen een Artikel ëmgestëmmt hunn.

Wat geschitt dann? Dann hu mer deen duerch Gewürschtele haugemaachte Schlamassel!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech brauch keng weider Erklärungen ze ginn: Als CSV stëmme mer dës Projet de loi net.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Hansen. An nächste Riedner ass den Här Claude Haagen. Här Haagen!

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Här President, d'Madamm Hansen huet elo hei gesot, datt de Projet de loi net konform zu der Verfassung wier.

(Interruption)

Si huet zweemol gesot, datt de Projet de loi net konform zu der Verfassung wier. Wann dat d'Reglement ubelaangt, ass dat eng aner Saach. Ech maache just drop opmierksam, datt et d'Aufgab vum Statsrot ass - an ech mengen, do si mer eis allegueren hei eens -, fir ze kucken, ob ee Projet de loi konform zu der Verfassung ass. Ech hale just fest, datt hei keng Opposition...

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech hu jo d'Promotiounsreglement ugeschwat.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Ech weess dat. Ech wëll just soen: Hei ass keng Opposition formelle op dësem Projet de loi vum Statsrot! Gutt.

(Interruption par M. Michel Wolter)

An eng aner Saach, Här Wolter, ech denken, sämtleche Parteien, déi an der Educationskommissioun vertruede sinn, a sämtleche Leit, déi hei sinn, deene geet et och ëm d'Saach. Do kann ee kontrovers driwwer diskutieren. Dat ass a verschiddenen Domäne geschitt. Eis geet et och ëm d'Saach.

An dofir wëll ech soen, datt déi Reformen, souwuel déi am Secondaire, op déi mer jo nach eng Kéier ze schwätze kommen, wéi och hei an der Formation professionnelle, jo am Ufank hypothekéiert gi sinn eben duerch den Artikel 32

vun der Constitution, wou mer Problemer hatten. Dat wësse mer allegueren, dat ass e Fait. An dofir ass och déi gewëssen Onsicherheit gewiescht am Ufank, fir déi Projets de loi op de Wee ze ginn, well de Statsrot eben ëmmer gesot huet, do wier eng Opposition formelle drop.

Här President, wéi scho gesot, et gëtt eng gewëssen Urgence an deem heite Projet, fir dee Projet de loi ëmzesetzen. De Gros vun den Dispositiounen vun dësem Gesetzestext soll nämlech schonn, an dat ass och schonn ugeklongen, vun der nächster Rentrée u gräfen. D'Chamberskommissioun huet do hir Aarbechte gemaach.

Firwat ass elo déi Urgence? Am Regierungsprogramm heescht et, datt d'Ëmsetzung vun der Formation professionnelle, esou wéi se mam Gesetz vun 2008 agefouert ginn ass, schwierig um Terrain war. Ech mengen, dat hunn d'Virriedner allegueren gesot. An dat ass och ee Constat, deen, géif ech emol soen, einfach ze bedauern ass.

Mat deem heitege Gesetzestext ënnerhuele mer deemno eng Rei vu punktuellen Ännerungen, en attendant, datt d'Reform vun der Formation professionnelle, déi soi-disant Makroreform, dann d'nächst Joer virgestallt gëtt.

De Minister wäert eis sécherlech duerno méi am Detail erklären, wou d'Aarbechte ronderëm déi Reform dru sinn a wou den Zäitplang fir d'Presentatioun vun deem neie Gesetzesprojekt iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle drun ass.

Mir gi bei deem Gesetzesprojekt, dee mer haut hei stëmmen, net un déi grouss Prinzipie vun der Formation professionnelle réckelen, well eent vun den Ziler vum Gesetz vun 2008 war nämlech ganz einfach, fir d'Qualitéit vun der Formation professionnelle ze verbessern.

Eiser Meenung no ass d'Zil, fir dem Schüler ee flexibele System unzëbidden, nach ëmmer dat richteg, mä d'Ëmsetzung muss iwwerschaaft ginn. Eng ganz nei Reform, déi alles ëmdréit, wat aktuell besteet, wier wahrscheinlech e grouse Feeler, well mer mat deeneselwechte Problemer ermë géife konfrontéiert gi wéi mer se elo hunn.

Eiser Meenung no solle mer ophalen ze mengen, mat enger ofgeschlossener neier Reform oder mat Upassung vun enger Reform wier et an der Schoul gedoen. Am Enseignement mussen och an Zukunft kontinuell Reformen an Adaptatiounen gemaach ginn, fir d'Schoul an d'Ausbildung un dat wirtschaftlecht Ëmfeld vun eiser Gesellschaft unzepassen.

Dir Dammen an Dir Hären, mat deem heitege Projet gëtt d'Limitt vun der Durée vun der Formation vun de Schüler opgehuewen. Bis elo konnt de Schüler no dräi oder véier Joer, ech mengen, dat ass och gesot ginn - et hânt do-vun of, ob et d'Formatioun DAP, also professionnelle, DAP, CCP ass oder d'Formatioun vum Techniker ass -, nach ee Joer drunhänken, fir seng Ausbildung fäerdeg ze maachen. Dat, wéi gesot, gëtt elo hei geännert. Am Sënn vu méi Flexibilitéit gëtt och de Lien tëschent de fundamentallen an de complémentairë Modullen ofgeschaaft, well dee System net fir all Formatioun ugepasst ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Eng weider Moosnam ass d'Aféierung vun der obligatorescher Visitt beim Dokter, ier de Schüler kann e Contrat d'apprentissage agoen. Dat am Sënn vun enger besserer Orientatioun vun de Schüler, déi soss Formatiounen ufänken, wou de Kandidat ganz einfach de Risiko huet, se weinst gesondheetlechen Zoustänn oder Problemer net fäerdeg kënnen ze maachen. Déi Dispositioun trëtt awer eréischt fir d'Rentrée 2017-2018 a Kraaft.

Ier ech nach op déi aner punktuell Ännerungen aginn, déi de Rapporteur schonn technescherweis gemaach huet an deem ech och dofir Merci soe fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport, wëll ech an deem Kontext awer och ënnersträichen, datt, den Akteuren um Terrain no, ee vun den Haaptproblemer déi initial Orientatioun ass.

Mir müssen hei Efforte maachen, fir den Image vun der Formation professionnelle, an däers si mer eis allegueren bewosst, ze verbessern an dës allgemeng méi attraktiv ze maachen. Et ass kloer, datt mer et musse fäerdegbréngen, zesumme mat den Akteuren um Terrain, well dat sinn déi wichtegst, mat de Schoulen zesummen, d'Aarbecht vum Handwerk kënnen ze revaloriséieren.

Zu Lëtzebuerg, an dat ass och ee Fait, ginn et net genuch Handwerker, an dat gëtt zu engem groussen Deel duerch d'Handwerker aus dem Ausland kompenséiert. Dat läit zum Deel do-runner, datt nach ëmmer ze vill Schüler no engem schoouleschen Échec op déi professionell Filiären orientéiert ginn. Dat huet a bréngt een negative Goût fir all déi concernéiert Akteure

mat sech, an d'Konklusioun ass een negativen Image de marque fir d'Handwerk.

Mir müssen et mat der Reform, déi fir 2017 ugekënnegt ass, fäerdegbréngen, nees méi a besser qualifizéiert Schüler an de professionelle Regimm ze kréien. Eng Méiglechkeet dofir wier et, vun de Stagen an de Betriber ze profitéieren, déi et de Moment scho gëtt, fir den Intéressen vun de Schüler vum Fondamental u scho fir déi verschidde Beruffer ze fërderen. Dofir ass et wichteg, datt déi Stagë gutt a seriö koordinéiert ginn. Tëschent de Schoulen an de Betriber muss am Virfeld kloer sinn, wat dee Stage engem Schüler soll bréngen.

Madamm Presidentin, dans l'immédiat valorisiere mer mat dësem Gesetzesprojekt d'Formation professionnelle de base. Mir passen d'Evaluatioun vun där Formatioun un déi vun der Formation professionnelle initiale un.

Fir d'Organisatioun vun de Formatiounen um Terrain méi einfach ze maachen, ginn d'Projets intégrés intermédiaires bei de Vollzäitformatiounen ofgeschaaft. D'Projets intégrés intermédiaires gi fir d'Formations concomitantes mat Léierkontrakter bäibehalen, mä fir d'Formations à plein-temps ofgeschaaft, well d'Organisatioun - an dat huet dat Praktescht erweisen - fir d'Personal a puncto Infrastrukturen net ze maachen ass.

Mir begrëssen awer och, datt eng finanziell Enveloppe vun 108.000 Euro virgesinn ass, fir de Kandidaten ze hëllefen, hiren Dossier fir d'Validatioun vun der Berufserfahrung, déi sougenannte Validation des acquis de l'expérience professionnelle, ze preparéieren an ze begleeten. Dat ass wichteg, fir d'Relatioun tëschent dem Aarbechtsmaart an der Ausbildung an dem Schaffen an engem Beruff ze erméiglechen.

Wéi d'Chamber Enn 2008 d'Reform vun der Formation professionnelle gestëmmt huet, du war et néideg, datt Ännerungen un engem net méi der Zäit ugepasstene System ënnerholl goufen. Wann een en ale System muss nei erfannen, well d'Welt sech natierlech an där ganzer Zäit doudséchער ëm 360 Grad gedréit huet, dann ass et kloer, datt et vläicht net direkt zu 100% geléngt.

Deemools war et d'Zil, fir d'Qualitéit vun der Formatioun ze fërderen an de Jonken eng besser Qualifikatioun ze garantéieren, fir datt se sech gestärkt an hiert sozialt a wirtschaftlecht Ëmfeld integréieren kënnen. Dat ass och d'Zil, dat mer musse virun am A behalen, fir datt mer ganz einfach vum nächste Joer u mat eisen Aarbechte kënnen ufänken, d'Reform vun der Formation professionnelle weider ze pousséieren.

Mir mengen awer, datt déi Adaptatiounen, déi mer haut hei stëmmen, an déi richteg Richtung ginn. A mir wäerten dofir als LSAP-Fraktioun dës Projet matstëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Haagen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).**- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, haut schwätze mer iwwert d'Modification vun der Loi modifiée vum 19. Dezember 2008, also vun der Reform vun der Formation professionnelle.

Et ass d'Reform vun der Reform vun der Formation professionnelle; déi eng nennen et Mikroreform, déi aner fuerdere ganz kloer eng Makroreform oder carrément eng Mise à plat vun dem System, deen 2008 op d'Bee gestallt ginn ass.

An ech mengen, do muss ee sech emol ee Bild virun Ae féieren: D'Formation professionnelle, dat ass u sech ee riseg grousst Schëff mat iwwer 120 Berufsausbildungen dran, wat ermë muss op Kurs bruecht ginn. An duerfir dāerf een elo hei net op eemol och eng Nervosität entwëckelen an dat Schëff vum Kurs eroffbréngen. Dat Schëff war awer menger Meenung no och 2008 net op deem richtege Kurs an duerfir muss et och elo a méi e rouegt Gewässer gefouert ginn.

An ier ech elo e bësse weiderfuere mat mengen Ausféierungen, wëll ech ganz kuerz just zréckgräifen op déi Iwwerleeunge vu menger Virriednerin, déi hei ebe gemaach gi sinn zu dësem Projet de loi, zu dëser Mikroreform.

Fir d'Éischt ass hei gesot ginn: „Se ass iwwert de Knéi gebrach ginn.“ Dat ass net richteg. Ech war du frësch hei an dëser Chamber 2014 a koum aus der Formation professionnelle, dunn hate mer eng Diskussioun zu dësem Thema. Duerno ass en Dépôt de loi gemaach ginn, Ufank 2015.

Do dertëscht ass awer och net näischt gemaach ginn. Dunn hate mer de Problem, dee

mer jo kenne mat der Constitution, wou den Avis vum Statsrot kloer war, dass do e Problem wier, wat d'Reglement-grand-ducalen zu dësem Gesetz ugeet. An dunn ass jo och eng Etüd an Optrag gi ginn, an zwar un den „Institute of Lifelong Learning and Guidance“ op der Uni Lëtzebuerg. An déi hunn hire Bericht am September 2015 gemaach. 2015 hu se de Bericht gemaach, an zwar zu dem Befroen; do kommen ech zu der Respektlosegkeet, sief et virun der Chambre des Députés oder virun de Beruffskummeren, de Schoulen, de Schüler an den Elteren.

Do si Leit gefrot ginn, an zwar fënnef Beruffschamberen. Et ass de Collège des directeurs de l'enseignement secondaire technique gefrot ginn. D'Conférence nationale des élèves du Luxembourg ass gefrot ginn. D'FAPEL ass gefrot ginn, als Vertriedung vun den Elteren. Dann hate mer och nach de Service des conseillers à l'apprentissage, souwuel vun der Chambre de Commerce wéi vun der Chambre des Métiers, an och déi zwee Coordinateure vun engem Secteur vu Professionen, an zwar der Profession et Métier de l'électricité et du bâtiment.

Déi si befrot ginn aus guddem Grond, well do d'Échecken extrem héich ware vis-à-vis vun deenen, déi ee fréier an dem Schlussexamen kannt huet. Dat waren zwou Formatiounen - déi hate mer och 2014 diskutéiert hei am Plenum -, déi u sech do mat Resultater konfrontéiert waren, déi se deelweis virdrun net kannt hunn.

Mä 2014 hate mer awer och zréckgekuckt - dat ware jo d'Formation-pharen -, an zwar huet sech erausgestallt, dass et leider Taux-d'échec waren, déi zwar net besser waren, awer och net méi schlecht waren, wéi se virun der Reform vun 2008 do waren. Mä déi zwee Secteurs si befrot ginn.

An et sinn awer och Schüler befrot ginn, an zwar souwuel aus deenen dräi Formatiounsgliddern, déi u sech zur Formation professionnelle gehéieren. Souwuel vun der Formation des techniciens si Schüler a Klasse befrot ginn, ëmmer ënner Opsicht vun hirem Régent, respektiv vun der Formation vum DAP an och vum CCP. Souwäit do derzou.

Och eis als Gréng an och iwwerhaupt der ganzer grénger Fraktioun läit d'Berufsausbildung um Häerz. Ech selwer war och an esou enger Formation phare tätég, souwuel als President vum Groupe curriculaire wéi vun der Programmkommissioun, hunn duerno selwer misse d'Promotiounen matmaachen an de Conseil-de-classes an och am Fichier élève. An ech wäert kengem elo hei op der Tribün probéieren, d'Promotioun an der Formation professionnelle ze erklären. Dat huet et a sech! An déi Zäit hunn ech net, an dorëm geet et jo och haut menger Meenung no net.

Ech gesti ganz gären an, dass och mir de Projet intégré intermédiaire um Häerz läit aus pädagogeschen Ursachen - do muss ech menger Virriednerin recht ginn -, dass awer d'Ausféierung an d'Logistik, déi hannendru sinn, eng grouss Erausforderung un d'Schoulen, un d'Ausbilder duerstellen, awer och un d'Beruffswelt, fir u sech déi entsprechend Leit vun de Chambres professionnelles a Salariés dohinner ze delegéieren, fir déi Pile respektiv och déi PIFen ze begleeten an ze encadréieren.

Bon, dat gesot, géif ech dann zréckkommen zu dem Projet de loi an e bëssen der Vue op d'Problematik, där mer eis haut hei stellen, wat jo nëmmen en Ufank ass vun der Reform vun der Formation professionnelle, wou mer herno méi wäit ginn, ganz sécher méi wäit gi wéi 2014. An duerfir ginn ech och e puer Ustéiss an déi Richtung.

Also e Réckbléck, fir dass een déi aktuell Problemer vläicht besser versteet. 2008, dunn ass mat deem Gesetz eppes Neies agefouert ginn an an d'Praxis ëngesat ginn. An dat si mindestens véier Volete mateneen.

Éischtens si Moduller agefouert ginn. Dat heescht, déi Promotion annuelle ass ofgeschaaft ginn.

Zweetens, zu all eenzelne Moduller, déi de principe u sech en halleft Joer daueren, also e Semester, ass de kompetenzorientéierten Unterrecht agefouert ginn; wat deelweis virdrun do war, awer zousätzlech ass u sech agefouert ginn, dass d'Bewäertung, d'Evaluatioun komplett ouni Notte geschitt a just nach op de Kompetenzen baséiert. Fir dat kënnen ze maachen, hu misse all déi Programmer iwwerschaaft ginn. An dat sinn Dausende Moduller, déi op de Leescht hu misse do geholl ginn.

An dat Lescht vun der Iddi, ganz kloer, 2008, dat war dat méi not Zesumme Réckelen - Be-



ruffswelt a Schoul - an och d'Opwärtung vun der Formation professionnelle. Enner anerem ass an där Reform eben d'Formation vum Diplôme de technicien, also d'Technikerformation, eran an d'Beruffsbildung komm, fir u sech eng komplett Filière kënnen opzeweisen an der Formation professionnelle, iwwert déi méi ënnescht, déi méi handwierklech Formation vum CCP, iwwert d'Geselleprüfung DAP, iwwert den Diplôme de technicien an enger Passerelle eran, fir weider eng Zukunftsvision fir d'Schüler opzebauen, fir dass se kënnen Etudes supérieures duerno maachen.

Dat waren u sech déi véier Grondiwuerleunge vun dem Gesetz vun 2008, déi mateneen ëmgesat gi sinn an déi eben zu grouss Problemer gefouert hunn. Do waren awer grouss Viraarbechten noutwendeg. Do waren eben déi Groupe-curriculaires a Programmkommissionen zesummen, déi u sech dat Ganzt ausgeschafft hunn, zesumme mat der Berufswelt.

Well ech selwer dovun betraff war, muss ech soen, dass do ee Problem bestanen huet, an dat war déi gemeinsam Sprooch; net Lëtzeburgeresch, Franséisch oder Däitsch, dat war et net, mä déi gemeinsam Sprooch, fir sech auszudrécken, fir u sech dat, wat ee mengt, wat ee gär hätt, fir dat kënnen ze formuléieren. An da muss een awer soen, an dat ass elo vläicht hei monéiert ginn, dass dat net alles esou ausgefouert ginn ass, wéi et hätt solle sinn.

Mä dat ass awer... Et huet missen alles a Programmer erakommen. Et huet missen u sech alles dokumentéiert ginn. Do ass relativ, ganz vill souger, Pabeier an Ennerlagen erschafft ginn. An dat war den Akteuren, déi aus der Berufswelt komm sinn, natierlech net zoutrüglech, well se dat esou net gewinnt sinn. Si si gewinnt, an der Berufswelt ëmzesetzen, e Programm ze hunn an natierlech hire Plan d'entreprise dann ze exekutéieren. An hei war vill Gedold vun hinne verlaangt. An duerfir soen ech: Do war ee Problem.

Ee Virdeel, deen awer och do war, dat ass, dass all déi Programmer op de Leescht geholl gi sinn. A wann Der jo wësst, dass an der Berufswelt d'Evolution extrem schnell ass, war dat absolutt ee positiven Effekt. An och elo stinn ech do derzou: Dat, wat vun der Reform 2008 absolutt Positives do ass, dat ass, dass déi Programmer all mateneen och iwwerschaaft gi sinn an u sech der Realitéit vum Terrain vun dem Beruf ugepasst si ginn. An dat ware wéi gesot iwwer 120 Beruffer.

Et gëtt menger Meinung no mindestens, mä fir mech elo emol hei dräi Sträitpunkten tëschent der Berufswelt, der Schoul eventuell an och dem Ministère.

Dat Éischt: Mécht dee modularen Unterrecht iwwerhaupt Sënn? Gëtt et do Virdeeler? Gëtt et méi Nodeeler? Mir musse wëssen, a mir selwer hei an der Chamber, do misst een eng Kéier d'Curriculum vum all deene Leit hei kucken, déi komme wahrscheinlech zum Gros net aus enger Formation, déi méi technesch Aart ass, oder déi net iwwert de Lycée classique ausgebildet sinn, an déi kënnen sech wahrscheinlech duerfir deelweis méi schwierig ofrënnen mat dem handlungsorientéierten Unterrecht.

Wann ech awer soen, dass dat eng vun deene Pisten ass, déi och d'Berufswelt absolutt ënnerstëtzt - méi no bei d'Praxis kommen -, dann ass iwwert dee modularen Unterrecht genau dat dote geschafft ginn.

De modularen Unterrecht huet et och méiglech gemaach, dass Schüler, déi an engem Module einfach eng Lück haten, déi konnten zäitno ratrapéieren an duerfir net am Joer zrëckgestallt gi sinn. Ech selwer hunn esou Schüler begleet. Da kënnt Der mer bemängelen, dass déi dann eréischt an zwee Joer prett waren, fir déi Moduller eranzehuelen, mä se sinn awer an hirer Promotioun weiderkomm.

Wat natierlech gutt ugeduecht war, huet sech awer an der Praxis als e Problem erausgestallt, ganz einfach well ze vill Moduller sech ugeheeft hunn. An dat muss hei ganz kloer an der Makroreform op de Leescht nach matgeholl ginn, fir ze kucken, awëffern - dat ass jo och zum Deel hei elo mat der Mikroreform gemaach ginn, dann eben dass d'Promotion annuelle do ass - dass eben déi Zuel vun de Moduller beherrschar gëtt fir d'Schüler.

Dat Zweet: Do sinn ech schonn iwwergaangen an de kompetenzorientéierten/handlungsorientéierten Unterrecht. Fir mech ass et ganz kloer, dass mer do méi no bei d'Berufswelt komm sinn. An dat ass fir déi technesch Ausbildung och ganz gutt esou. Well wann een eng Kéier kuckt: Fir déi Leit, déi en Diplom an der Täsch hunn, sief et e CCP oder en DAP, eng Geselle-

prüfung oder en DT, do ass d'Handwerk prett, an och de Commerce, fir déi Leit anzustellen. Hir Erfollegschancen, fir do e Beruff ze fannen, sinn extrem héich. Mir hu jo elo viru Kuerzem e Bericht vun 2015 an de Grapp kritt. Duerfir mengen ech, dass dat ee positive Volet ebe vun deser Beruffsreform war.

Wou ganz kloer de Problem, menger Meinung no, läit, dat ass d'Evaluation vun de Kompetenzen. Do ware weder déi Leit aus dem Professionellen nach déi vun de Schoulen allegerue prett, fir déi Evaluationen esou unzuegoen, respektiv - an dat hunn ech aus Quellen héieren -, dass se u sech niewebäi awer nach en Noutsystem gefouert hunn, fir eben dann duerno an enger Bewäertung dem Schüler gerecht ze ginn. A voir, an dat ass jo och eng Fuerderung, sief et vun der Schoulgewerkschaft - déi eenzeg, déi sech hei zu Wuert gemellt huet - wéi och vun der Chambre des Métiers, fir sech ze iwwerleeën, ob een net eng Kombinatioun vu Kompetenzbewertung an Noutbewertung kéint aféieren.

Dann: Huet missen d'Beruffsbildung opgewäert ginn? Dat ass fir mech ganz kloer mat engem Jo ze beäntweren. Wat sinn elo d'Moyenen, fir dohinner ze kommen? Wat sinn d'Fuerderungen an d'Problemer respektiv vun deene verschiddenen Akteuren?

Ben, ech mengen, ech hunn et vläicht schonn e puermol op deser Tribün genannt: D'Handwerk an de Commerce bidde ganz vill Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg. Si sinn u sech de Garant fir bal Vollbeschäftegung. An duerfir, mengen ech, ass et och ganz kloer, dass mer müssen an der Beruffsbildung déi Schüler an Apprentien esou opstellen, dass se u sech bei hinne Fouss faassen.

Mir hunn en Déséquilibre tëschent Demande an Offer. An deem soll dëst Gesetz natierlech entgéintwierken. An et sinn och zigtausend Apprentien, déi all Joer duerch d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers begleet ginn. Dat weist jo, dass och de Lieu professionnel seng Aufgaben iwwerhëlt a probéiert, déi Ausbildung hei ze assuréieren.

A ganz kloer ee Problem, deen ëmmer erëm opkënn, dat ass d'Orientation par l'échec. Dat kann an där net d'Manéier si fir d'Handwerk, gutt qualifizéiert Leit oder gutt motivéiert Schülerinnen a Schüler, déi duerno Apprenti ginn, hei an d'Handwerk eranzekriegen. Duerfir musse mer eis do aner Moyene ginn. An do si jo och Fuerderungen do, fir ze kucken, de Kontakt mat der Berufswelt scho vun der Grondschoul aus méi enk ze knäppen. An an der Reform vun der Formation professionnelle ass dat jo ganz kloer geschitt géintwärt deene Stages en entreprise fir déi Formation, déi plein-temps ugebuede ginn.

Ee Problem, deen nach dosteet, dat ass deen elo, deen d'Schoule méi hunn, déi soen: „Majo, déi Ausbildung ass ze vill beruffsorientéiert.“ Natierlech soen d'Chambre-professionellen: „Déi Ausbildung ass ze vill schoulesch ausgerichtet.“

Elo nach eng Kéier zu de Problèmes de vue vun de Schoulen an den Enseignanten op d'Beruffsbildung. Ee Problem ass dee vun dem Diplôme de technicien. An zwar huet deen ëmmer virdrun d'Méiglechkeet opgemaach, fir weider Studien ze maachen. Dat ass och elo de principe méiglech, ass awer deelweis ganz schwierig, well mer eben am Moment e System mat Module-préparatoires hu respektiv et deelweis an der Formation gefeelt huet elo u Mathematik, Physik, Informatik, fir dass déi Schüler à haute technicité eben och real Chancen hätten, fir an enger Fachhéichschoul weiderzekommen.

Duerfir eng Propos, déi mir do kéint vorschwiewen, fir ze iwwerleeën, ob een net sënnavollerweis géif soen: „Mir hunn en Diplôme de technicien, an de principe bidde mer een Zousatzqualifikationsjoer un, fir déi Leit fit ze maache fir weiderféierend Studien.“ Dat géif d'Méiglechkeet ginn, dass se een Diplom hätten, deen unerkannt ass op der Berufsebene, an dass et eben och méiglech wier, sech weider ze qualifizéieren an u sech weiderféierend Studien ze ergräifen. Dat do gëtt et an Däitschland, dat do gëtt et an der Belsch. Mir wären also net déi Eenzeg, déi esou ee Wee kéinten aschloen.

Ech gesinn, d'Zäit geet e bësse méi zum Schluss. Ech probéieren dann och hei, e bësse méi zu mengem Ofschloss ze kommen.

Ech mengen, et ass wichteg, an dat ass och d'Reckmeldung vum Secteur, dass déi Leit, déi d'Formation elo ofgeschloss hunn, déi also en Diplom an der Täsch hunn, gutt opgestallt sinn, dass se fachlech gutt am Bëtrib opgehoen ginn, dass een also u sech net ka soen, dass elo d'Qualitéit vun deene Schüler, déi mat Diplom erauskommen, net déi richtig wär, mä et ass ganz kloer esou - an dat ass och scho virdrun ugeschwat ginn -: Mir hunn e Problem vun ze

vill Schüler an Ongewëssheet, déi u sech eng grouss Zuel vu Moduller ugeheeft hunn an dann ebe keng Chance gesinn, fir déi ze evakuéieren.

Mä och erëm eng Kéier: Wa mer d'Statistike wäerten eraushuelen, an duerfir brauch een e puer Joer, vun der Beruffsbildung, vu Formationen, déi emol bis zum Schluss kommen, da sinn ech mer bal sécher, wéi mer dat 2014 gemaach hunn, dass leider oder awer des Ausbildung am Moment zu kengem besseren, awer och zu kengem méi schlechte Resultat féiert wéi 2008, mä dass mer awer de Virdeel hunn, dass mer méi no bei d'Fuerderungen vun der Berufswelt geréckt sinn an dass déi Leit an deem Sënn och méi Exigence vum Secteur u sech am Moment erfüllen.

Elo kommen ech dann zum Schluss.

Ech mengen, d'Schoul an d'Berufswelt sollen hei zesummeschaffen. An dat ass absolutt esou erwënscht vun deem enge wéi vun deem anere Secteur. Wa mer elo déi Makroreform ugin, da soll a muss och op déi Secteure gelauscht ginn. Et muss e Mode fonnt ginn, fir dass d'Evaluation och zu engem gudden Ofschloss kënnt, fir dass et transparent gëtt, och vis-à-vis vum Schüler a vun den Elteren, a virun allem dass déi Reform, déi mer da maachen, méi Chancen nach bitt fir eis Schülerinnen a Schüler, eis Léierbouwen a Léiermeedercher, fir eben an der Beruffsbildung ze schaffen an domat awer eng gutt Aussicht ze hunn op en Job hei zu Lëtzebuerg respektiv eng weider Ausbildung.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet de loi. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Anzia. Als nächste Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Madamm Presidentin, villmools Merci. Ech mengen, des Diskussioun kann ech nëmme mat enger gewëssener Modestie féieren, well ech sinn deen éischten Netenseignant aus dem Technique, mengen ech, oder ouni Berufserfahrung, deen elo zu deem komplizéierte Projet muss Stellung huelen. Dat gëtt mer engersäits de Virdeel, méi eng grouss Distanz derzou ze hunn, op där anerer Säit natierlech net op jorelaang Berufserfahrung an deem dote Secteur kënnen zrëckzegräifen.

Meng Erfahrung kënnt awer aus Diskussiounen, déi ech hei an der Chamber zënter 2009 matverfollegen iwwert déi do Reform an iwwer all déi Problemer, déi dermat verbonne sinn. An ech wëll mat engem politesche Constat ufänken, deen och an dem Text vun deem Projet de loi eigentlech widderholl gëtt, well do geet jo dervu rieds, dass dat heiten néideg ass, fir „incohérences et déficiences“ ze besäitegen.

Et ass eng Reform - no all deene Jore mengen ech dat kënnen ze soen -, déi esou vill Feeler huet, esou vill Onduerchduechten, esou viles, wat ëmmer erëm Problemer veruersacht, well se einfach net genuch duerchduecht war, an datt mer iergendwéi ni müssen zu deem Punkt kommen, eng Kéier Tabula rasa ze maachen an dat Ganzt nach eng Kéier op de Leescht ze huelen.

Ech mengen, och dëst Gesetz ass e Bewäis derfir, datt mer - et ass gesot ginn: „Gewurshelt“, „Geflécks“ - net esou kënnen virufueren, well an engem, mengen ech, si mer eis heibannen all eens: Dat ass, datt déi Formation professionnelle vun essenzieller Wichtigkeet ass. Ech mengen, mir als ADR a wahrscheinlech och vill anerer wëllen einfach d'Handwerk opwäerten. Wa mer dat wëllen, da muss mer och de Courage hunn, eng Kéier de ganze Formationssystem vu Grond op ze iwwerdenken.

Mir hunn haut verschidde Vuen héieren an der Diskussioun, bis elo zum Deel widersprécklech, mä ganz kloer ass no allem, wat mer héieren hunn, datt de modulare System u sech muss iwwerduecht ginn, datt de kompetenzorientéierten Unterrecht u sech muss iwwerduecht ginn, datt mer u sech müssen iwwerleeën, ob eng Bewäertung op Punkten net besser ass, fir dat erëm anzeféieren. Well all déi Kritticken zum Beispill géint d'Promotionsreglement an de Verglach mam Classique géife jo och net kënnen bestoen, wa mer am Classique och e modulare System hätten an et keng Punkte géife ginn.

Also, ech mengen, mir müssen einfach Gläiches mat Gläichem kënnen vergläichen an einfach an eise Schoulsystem Albewäertes, wat gutt Resultater bréngt, erëm no vir bréngen an ewechkomme vun enger ideologescher Siicht vun der Schoul, déi esou vill gesuecht huet.

Et ass eng Schoulreform, wou och véier Parteien dra verfaange sinn heibannen. Et ass eng Reform, déi ugefaange gouf vun der Madamm

Delvaux, mengen ech, vun der Sozialistescher Partei. An all Koalitionspartner vun de Sozialisten an deem Exercice ass mat verfaangen, inklusiv d'CSV, an enger Reform, déi sech awer vu Problem zu Problem viruschleeft. Och d'CSV hat dat hei matgestëmmt.

An haut muss ech soen, ech hu mech perséinlech... Ech wëll nu kee Reproche maachen, mä ech freeë mech driwwer, datt awer och eng Partei, déi dat an der Vergaangenheet matgedroen huet, elo esou vill Kritik opgebréngt. An ech sinn iwwerzeegt, datt an enger nächster Regierungskoalition, wa sech bis dohinner näischt ännert, d'DP an déi gréng mat Kriticke komme géint eppes, wat awer kohärent ëmmer vun der LSAP vertruede ginn ass a wat einfach net fonctionnéiert an eise Schoulsystem.

Zu den eegenen...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Deen ale System huet och net fonctionnéiert. Duerfir huet d'Reform misse gemaach ginn.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Dann... Här Bodry, jo. Vlächtt hutt Der recht, mä fir eppes Schlechtes duerch eppes méi Schlechtes ze ersetzen, datt ass e politeschen Usaz, deen awer nëmme Är Partei fäerdegbréngt.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Wann ech gelift, loosst den Här Kartheiser elo emol schwätzen! Loosst den Här Kartheiser elo emol schwätzen! Dir kritt d'Wuert duerno. Här Kartheiser, Dir hutt eleng d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Villmools Merci, Madamm Presidentin. Mir sinn als ADR - ech wëll hei soen - also elo konfrontéiert mat engem Projet, dee Reparaturarbechten hei proposéiert. An dann hu mer natierlech den Usaz... Deen éischten Usaz ass gutt. Et ass gutt. Mir denken un déi Betreffen, un déi Schüler. Mir müssen dat dote kënnen matdroen, fir datt net nach méi Problemer entstinn. Well all dat, wat mer hei... Mir schwätze jo net an der Politik hei an engem loftleere Raum, mä et si jo ëmmer déi Betreffen, d'Schüler, déi d'Leed droen, wa politesch falsch Décisionen geholl ginn. U sech hu mer also Sympathie fir alles, wat eigentlech elo déi konkret Problemer, mat deenen déi Schüler do befaasst sinn, wat deenen hir Problemer weinstens ka kuerzfristeg léisen.

Mir sinn dofir d'accord mat der Introduktioun vun enger Visite médicale, mat enger besserer Berodung fir déi Leit, déi eng Validation des acquis professionnels wëlle maachen, och mat enger Revalorisation vum CCP duerch Certificat... also duerch den Acquis de... duerch eng Revalorisation vum CCP, pardon. Do hu mer iwwerall kee Problem dermat, mä, wéi gesot, et entbënt eis net vun där grondsätzlecher Pflicht, fir grondsätzlech nozedenken iwwert d'Formation professionnelle.

An dofir ass et ganz interessant, fir op déi Makroreform ze waarden. Well wa mer déi Chance kréien, eng Kéier d'Formation professionnelle vu Grond op nei ze denken, da muss et awer déi Kéier déi richtig Reform sinn. Mir müssen, an dat ass och gesot ginn, drun denken, datt bei der Formation du technicien och eng méi laang Formation och op méi héije Schoule soll méiglech sinn. An an deem Gesetz ginn elo e puer Noutmoosnamen geholl, déi och Ulass zu Froen oder zur Kritik kënnen bidden. E puer sinn der scho virbruecht ginn.

Wa mer déi zäitlech Limitten do ewechhuelen, dann ass natierlech d'Fro: Wéi laang kënnen déi Kanner, déi Schüler an der Ausbildung, déi Jugendlech awer elo virumaachen? Ass et net am Interessi vun de Betriber, do Grenzen ze setzen? D'Chambre des Métiers huet vun engem Nivellement vers le bas geschwat, datt dat e Risiko kéint sinn, deen do entsteet. Dat heescht, och do brauche mer séier eng Antwort, wéi dann elo eigentlech déi temporär Grenze gezu solle gi vun där Beruffsbildung.

Bei de Projets intégrés intermédiaires ass e ganz schwaacht Argument zitéiert ginn. Et ass gesot ginn, d'Ateliers an de Schoule wäer blockéiert. Wann dat en Argument soll sinn, fir d'Natur vun der Formation ze iwwerdenken, dann ass dat ganz schwaach. An et muss ee ganz sécher hei oppassen, datt een net e konzeptuellen Usaz zu enger bestëmmter Formation duerch reng organisatoresch Problemer a Fro stellt.

Dann ass natierlech déi Fro, datt dat Gesetz, wat eigentlech soll nëmme Reparaturarbechte maachen, doriwwer erausgeet, et selwer erëm Neierungen aféiert, wéi de Projet intégré final fir d'Formation professionnelle de base oder och d'Suppression vun Interdependenz, Progressivitéit a Chronologie tëschent de Moduller, wat e grouss Wiessel ass par rapport zu der Reform vun 2008. Et ass also d'Fro: Gëtt hei net awer schonn enger Gesamtreform virgegraff, ouni datt mer iwwert déi konnten diskutéieren?

Mir sinn och derfir, datt mer mat de Beruffskummeren a mat anere Partner esou intensiv



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

wéi méiglech zesummeschaffen. Dat gesot, hu mer eben déi Fro, déi mer eis elo musse stellen: Wéi stelle mer eis als politesch Partei, als Oppositionspartei zu deem heite Projet, wou mer wëssen, datt et nëmmen, alt erëm eng Kéier nëmmen no Instructions ministérielles, déi schonn 2014 an 2015 geholl gi sinn, mengen ech, e Versuch ass, fir déi Reform vun 2008 erëm e Stéck iwwert d'Distanz ze retten?

Mir wëllen hei dofir ganz kloer soen, datt mer alles, wat deene Betreffene kann hëllefen, prinzipiell ënnerstëtzen. Et wär awer falsch, fir dëst Gesetz ze stëmmen, well dat Signal, wat mer politesch wëlle ginn, dat ass dat, datt dës Réforme professionnelle vu Grund op muss iwwerducht ginn, muss iwwerschaaft ginn. A fir dat ze betounen, wäerte mer och dëse Versuch, dat Gesetz nach eng Kéier iwwert d'Distanz ze retten, net ënnerstëtzen. Mir brauchen einfach e ganz neien Usaz, eng nei Reform.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Kartheiser. Als nächste Riedner hunn ech den Här David Wagner ageschriwwen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Madamm Presidentin. Wéi dat och scho gesot gouf: Virun eppes méi wéi hannerhallwem Joer hate mir am Kader vun enger Interpellatioun, déi vum Justin Turpel ugefrot gi war, hei an der Chamber eng länger Debatt iwwert d'Formation professionnelle. An deemools gouf dann och vum Här Turpel an och vun anere Riedner eng Bestandsopnam mat all den Onzoulänglechkeete vun der Reform vun der Formation professionnelle vun 2008 gemaach, déi eiser Meenung no och eng grondleeënd Reform vun der Berufsausbildung noutwendeg maachen.

Et gouf och permanent... An et gouf och gesot a gefrot, fir iwwerhaapt Statistiken ze kréien, e Bilan ze kréie vum Ministère, deen ni mat der Reform vun 2008 erauskomm ass. A mir hu jo gesinn, de leschte Weekend, u sech e Freiden, hu missen den OGB-L, d'OGJ an d'UNEL eng Pressekonferenz maachen a wéinstens schonn déi éischt Statistiken, déi hinnen zur Verfügung louchen, ebe presentéieren. An déi waren natierlech relativ katastrofal; also déi Statistiken, déi de Commerce an d'Verwaltung uginn. Mir hunn dofir nach ëmmer kee Verständnis, oder vläicht kënne mer awer novollzéien, firwat mat dësem Bilan ëmmer gewaart ginn ass, deen awer schonn hätt kënnen zënter enger Partie Jore gemaach sinn.

De Minister war deemools och der Meenung, datt d'Formation professionnelle virun allem un organisatoresche Problemer géif leiden an och un enger ze schwächer Orientéierung vun der Demande vum Aarbechtsmaart. Eng Reform gouf dann och ugekënnegt an déi ass natierlech dann och ugepeilt; déi grouss Reform fir 2017, déi wäert néideg ginn. Mir hoffen och, datt se wierklech an eng awer staark - a villen Hisiichten - aner Richtung geet, wéi déi Reform vun 2008 wuelverstanen.

Och wann de Regimm äusserst perfektibel war virun 2008, heescht et net onbedéngt, datt een et nach verschlimmbessert duerch eng Reform, déi zwar vu jiddwerengem hei an der Chamber ugeholl ginn ass, ausser deene Gréngen, mengen ech. Souwäit ech mech erënnere kann, hu se déi Reform, zu Recht d'ailleurs, net matgestëmmt.

► **Une voix.**- Mir hunn eis enthalen.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Dir hutt lech enthalen. An dat war och net falsch. A mir hoffen dann an deem...

(Interruption et hilarité)

Da gesi mer och... Jo.

(Interruption)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift, e bëssen Disziplin!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Deemools ware mer nach gutt!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dir kommt och eng Kéier un d'Rei.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Ech weess emol guer net, wou ech dru sinn. Hei steet einfach Null, wéi wann ech... Ech hunn nach net geschwat, Madamm Presidentin.

(Hilarité)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Fuert Dir roueg virun!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Voilà. Merci. Mä d'Maschinn geet net.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Also, no eiser Meenung: Wou misst een no der Berufsausbildung usetzen? Mir haten dat scho gesot.

(Interruption)

Voilà. Wivill hunn ech nach? Dräi Minutten.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Wagner, Dir hutt eleng d'Wuert. Loosst lech net dekonzentrieren!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Mir hunn nach dräi Deeg auszehalen. Ech sinn och e bësse midd.

(Hilarité)

Also, mir sinn der Meenung, datt een eng déif gräifend Reform misst maachen. Mir haten dat och schonn an der Interpellatioun rappeléiert. Do waren e puer Saachen, déi mer rappeléiert haten. De Cycle inférieure, dee muss opgewäert ginn. Nëmme wann d'Ufuerderung vun Ufank un e gewëssenen Niveau hunn, kann assuréiert ginn, datt den Niveausënnerscheid an der Berufsausbildung net ze vill héich ass a fir Schüler en Hindernis gëtt.

D'Dixième, si mer der Meenung, soll fir all Schüler à plein-temps sinn, well mat 15 oder 16 Joer sinn déi mannst a Wierklechkeet iwwerhaapt prett fir an e Betrib. Déi néideg Mëttele mussen dann natierlech och zur Verfügung gestallt ginn, fir de Rattrapage scho fréizäiteg während dem Joer unzefänke mat individuellem Appui.

Och bei de Projets intégrés, de Projet intégré intermédiaire an de final: Déi néideg Ressourcen, déi mussen do opgestockt ginn, fir datt dës Instrumenter och kënne funktionéieren. D'Fächer soll een och esou gestalten an ubidden, datt den Iwwergang op d'Héichschoulausbildung dann natierlech och erméiglecht a favoriséiert gëtt. An an deem Zesammenhang si mer och der Meenung, datt d'Formation vum Technicien kéint och zréck an de Régime technique goen.

An natierlech och: D'Orientéierung muss aneschtens gestalt ginn. Et kann een net vu Schüler op enger Neuvième erwaarden, datt se wëssen, wat si an hirem Liewe maache wëllen. Do kommen ech erëm op eis Marott zréck, wou ech och schonn d'lescht Woch konnt drun erënneren: datt ee muss d'Schoul an d'Orientéierung fundamental erëm iwwerdenken a Richtung vun engem Tronc commun. Et gi vill Modeller, et gëtt net nëmmen een, mä op jidde Fall de Prinzip, un deem muss ee festhalen.

Dat Gesetz also, déi kleng Modifikatioun oder déi kleng Modifikatiounen, déi awer net esou kleng sinn, déi mer haut musse stëmmen, ginn

evidenterweis net esou wäit. Dat soll dann e bësse méi spéit kommen. D'Maximaldauer vum DAP a vum CCP, déi bis elo op véier Joer beschränkt war, gëtt ofgeschaaft. Mir mengen, datt dat eng gutt Saach ass.

Mir sinn net der Meenung awer, datt de Projet intégré intermédiaire ofgeschaaft sollt gi bei de Vollzäitformatiounen. Dat ass e Schwaachpunkt. Datt d'Schüler eng obligatoresch Visitt beim Dokter hunn, fir scho fréizäiteg feststellen, a wat fir eng Formatioun se kënne goen, mon dieu, domadder kann een och liewen. Ech mengen, dat ass och éischer eng gutt Saach, an och natierlech de Service d'accompagnement, dee soll kreéiert ginn - deen awer och funktionéiere soll! -, ech mengen, dat ass och nach eng gutt Saach.

De Minister huet och dës Woch nach als weider Modifikatioun an als Reaktioun u sech ugekënnegt, datt de Rattrapage am September fir d'Commerce-Schüler erëm ugebuede gëtt, ee Joer méi spéit dann och nach fir d'Technikerformatiounen. Dat begrësse mir. Dat hätt missen eendeiteg méi fréi geschéien. An dat soll natierlech net nëmmen, wéi dat och scho gesot gouf vun der Madamm Hansen virdrun, sech op déi Schüler do beschränken.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Fir awer beim Gesetz ze bleiwen: Verschiddener vun den Annerunge fanne mer gutt an ënnerstëtze mer - anerer manner -, eben déi Saach mam Contrôle médical, dem Service d'accompagnement, mä déi deelweis Ofschafung vum PII gesi mer awer ganz kritesch, besonnesch d'Begrënnung derfir. Well et ka jo net sinn, datt en Instrument, wat allgemeng awer also vu jiddwerengem um Terrain als ganz sënnvoll a wäertvoll ugesi gëtt, ofgeschaaft gëtt, well d'Ressourcen an d'Infrastrukturen anscheinend net do wieren! Wann een d'Berufsausbildung wierklech wëllt verbessern, da suert een derfir, datt déi néideg Mëttele zur Verfügung gestallt ginn.

Hei gëtt einfach eppes ofgeschaaft, an ech behaapten emol, datt dat och net - an ech sinn net deen Eenzeg, deen dat behaapt, ech mengen, och d'Enseignanté behaapten dat -, datt dat net zum Virdeel vun de Schüler ass.

D'Ofschafung och vun der Maximaldauer vun der Formation professionnelle an dem Technicien mécht an eisen Ae Sënn. Engersäits natierlech, fir déi Benodeelegung par rapport zum Secondaire an zum Secondaire technique opzehiewen, awer och, well d'Organisatioun vun den Ausbildungen, déi maximal festgeschriwwen Dauer et deelweis immens erschweiert, fir all déi Moduller eben och nach nozehuelen.

Fir eis also ass de Contenu vun dësem Projet de loi mitigéiert. Dofir wäerte mer eis och enthalen, dat och en vue vun der richteger Reform, déi d'Regierung da jo och fir 2017 ugekënnegt huet, fir da wierklech grondleeënd Annerungen anzeféieren, wou mer eis op déi Diskussiounen natierlech och freeën. Dat heescht, mir wäerten op jidde Fall nach déi Diskussiounen begleeten. A wéi gesot, mir enthalen eis weinst eistem mitigéierten Avis.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Do mat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. An d'Wuert huet direkt den Här Educationsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech mengen, ech hunn 20, neen, 15 Minutten. D'Madamm Hansen huet 30 Minutte laang all méiglech Saache mer reprochéiert an engem un de Kapp gehäit! Ech bräicht dat Duebelt, fir dat kloerzestellen an dann eigentlech zum Thema ze kommen, soudatt ech mech do alt e bësse méi kuerz muss faassen.

Ech wëll awer vläicht nach eng Kéier op eppes agoen: Wann hei gesot gëtt, d'Regierung hätt zwee bis dräi Joer getrentelt, ier mer hei iwwerhaapt eppes ënnerholl hätten! Also ech weess nach, weini ech vereedeegt gi sinn. Dir misst et och wëssen. Ee vun deene Schlësselen, déi ech iwwerholl hunn, Madamm Hansen, hunn ech vun lech iwwerholl, soudatt ech net mengen, datt mer hei getrentelt hunn. D'Chamber misst och wëssen, weini hei e Gesetzesprojet déposiert gouf - et war den 18. Januar 2015, also ee Joer nodeems ech vereedeegt gouf -, fir dee System méi déif gräifend mat dësem Projet de loi - awer nach net déif gräifend genuch, hunn ech och scho ganz kloer dee Moment hei gesot - kënnen ze reforméieren an ze adaptéieren.

Jiddweree weess hei, wat d'Ursaache sinn, firwat aus deem Projet de loi näischt ginn ass, nämlech déi Verfassungsinterpretatioun, déi de Conseil d'État gemaach huet. Datt mer haut nach ëmmer an där Situatioun sinn, misst och

jiddweree wëssen, well virun e puer Deeg d'Chamber eréischt den éischte Vott iwwert déi Verfassungsännerung do geholl huet. An ech denken, dat misst awer jiddwerengem bewosst sinn, datt mer an där doter Situatioun net aneschtens konnten handeln. Mir haten déi éischt Annerung ugestriift fir d'Schouljoer 2015 a '16, well mer gesinn hunn, datt mer mat deem éischte Gesetz net géifen duerchkommen.

Duerch déi Verfassungsinterpretatioun hu mer du gesot, da maache mer et d'nächst Joer, fir '16-'17. Genau dat steet haut hei um Ordre du jour! A genau esou kënne mer et dann am September an de Schoulen an an deenen eenzelne Formatiounen ulafe loossen, wa mer haut hei d'Zoustëmmung kréien.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech wëll och nach eng Kéier soen, datt ech ëmmer kucken, alles a mengem Kalenner fräizeschëppen, wann et nëmme geet, fir an d'Chamberskommissiounen ze kommen! Ech kommen och moies um siwen, wann et muss sinn.

(Interruption)

Majo, jo! Ech hunn ni eng Demande refuséiert, fir an d'Chamberskommissioun ze kommen, zu egal wat fir engem Sujet. Ech mierken, datt ech bal dee Flexibelsten do sinn, fir bei mengem Kalenner do Plagë fräizekréien. Wann ech emol eng Kéier soen: „Kënne mer eng hallef Stonn éischer ufänken?“, da sinn net ech et, mä da sinn et ganz anerer, déi do da Problemer hunn! An ech mengen, et sinn net déi professionell Obligatiounen, déi se dovunner ofhalen. Also mengen ech och, et ka kee mir hei reprochéieren,...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hunn am Dezember gefrot gehat!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ...ech wëll net an d'Chamberskommissioun kommen, fir hei iwwert d'Formation professionnelle oder iwwer soss iergendeppes aneschtens ze diskutéieren!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Mir maachen hei dat, wat jo mëttlerweil sech dann allgemeng an d'Terminologie ageschlaach huet, eng „Mikroreform“, woubäi, wann een d'Promotionsreglement jo mathëlt, bezweifelen ech, ob et wierklech eng Mikroreform ass. Well do ännere mer eppes Substanzielles!

Mir féieren erëm d'Notioun vun enger „promotion annuelle“ an an der Formation professionnelle, well dat effektiv ee vun deenen zentrale Punkten ass, wou ech denken, datt mer den Apprentien, de Schüler net déi Fräiheet kënne ginn, déi se vläicht haut hunn, wou mer dovunner ausgaange sinn, datt se sech quasi selwer duerch déi ganz Formatioun do kéinte guidéieren - datt se, och wa se d'Moduller aus dem éischte Joer net réusséiert hunn, awer kënnen an darselwechter Branche, an deemselwechte Fach am zweete Joer d'Moduller scho kënnen ufänken an esou weider -, a wou duerno eng Situatioun entstanen ass an de Schoulen, wou all déi Module-de-rattrapagen net méi konnten organiséiert ginn a mer do-duerjer och hu missen déi Formatioun zäitlech jo verlängeren.

Dat hu mer zweemol iwwer Instruction ministérielle gemaach. Ech hunn zweemol ganz kloer och an der Effentlechkeet gesot, datt ech e bësse Bauchwéi awer dobäi hunn, iwwer Instruktione do ze fueren, an datt mer nämlech eng gesetzlech Annerung bräichten, déi mer dann endlech haut kënne kréien.

Do, denken ech, ass dat awer schonn e substanziellen Agrëff. Mir maache jo net nëmmen eng Promotion annuelle an deem Sënn, datt een e gewëssene Prozentsaz vu Moduller muss gepackt hunn, fir d'Moduller vun deem Joer drop kënnen unzefänken. Mir maachen och e Bilan intermédiaire, fir eben ze soen: „Esou vill Moduller muss de gepackt hunn, fir déi zweet Halschent vun der Formatioun unzefänken. An déi Moduller, déi s de an der éischer Halschent net gepackt hues, déi sinn dann och guttgeschriwwen“, soudatt een der net ze vill herno bis zum Schluss vun der Formatioun matschleeft an dann och op eemol an den onméigleche Situatiounen ass.

An do ginn ech ville vun deenen, déi hei den aktuelle System awer hannerfrot hunn, net ganz onrecht: Fir zum Beispill da während engem Joer nach e puer Moduller just noze-maachen an datt een eigentlech fir de Rescht



als Tourist an der Schoul oder ronderëm d'Schoul nach optaucht, eng Distanz zur Schoul an zum Léierprozess gewënnt, an da menge mer herno beim Ofschlossexamen, dee mer jo hei PIF nennen, dat wär dann eigentlech eng optimal Preparatioun dorobber. Dat kann et effektiv net sinn!

Et ass gefrot ginn, ob mer Simulatiounen gemaach hätten. Jo, mir hunn der gemaach. Mir hu bei eenzelne Schoule gefrot, fir eenzel Formatiounen gefrot. Et ass allerdéngs net konkluant, éischstens well et pro Formatioun aneschtens ass, CCP, DAP an Techniker, zweetens pro Gebai dann och aneschtens ass, pro Ausbildung och nach aner Resultater mat sech bruecht huet, a virun allem, well et jo hei net drëms geet, elo Schüler entweder duerch Ännerunge vun de Promotiounsregele méi schnell virun oder manner schnell virun ze loossen.

Et geet virun allem hei drëms, datt mer de Schüler eng ganz kloer Orientatioun ginn, wat si musse leeschten, fir kënnen weiderzefueren, wat ee schonn am éischte Joer vun der Formatioun muss Opweises hunn, wéi vill Prozent vun de Moduller ee muss réusséiert hunn, fir d'Moduller vum zweete Joer kënnen unzefänken.

An do muss jo awer och eng Reaktioun vun der Säit vum Schüler kommen, soudatt mer net nëmme kënnen kucke beim aktuelle System, dee jo do extrem Fräiheete gëtt: Wien hätt dat doten elo gepackt? Mä mir musse kucken: Wéi reagéieren d'Schüler elo dorobber? Duerfir wëlle mer jo méi enk Barrieren erëm anzéien an dee System vun der Formation professionnelle, fir de Schüler besser ze guidéieren, em och selwer eng gewëssen Disziplin opzëerleeden an duerno besser virunzekommen.

No der Mikroreform, mengen ech, si mer eis jo alleguerten eens, an dat hu mer hei bei der Interpellatioun vun deene Lénke virun annerhallwem Joer och scho kloer gesot, brauche mer dann dat, wat elo mëttlerweil da Makroreform genannt gëtt.

Ech denken, datt mer do nëmme Succès kënnen hunn, wa mer, aneschtens vläicht wéi et 2008 de Fall war, d'Partner mat op de Wee kréien. Do ginn hei ganz oft als déi natierlech Partner d'Berufskummere genannt. Dat ass ganz kloer. Ouni déi gëtt et keng Reform, ouni déi gëtt et keng Formation professionnelle.

Mir müssen awer och d'Akteuren an de Schoulen, d'Direktiounen, awer och d'Enseignant mat kréien. Ech kommen haut nach a Gebaier eran, wou dat Éischt, wat d'Enseignant mer soen, ass: „Dee System do, dee kann net fonctionnéieren!“ Wa mer näischt en place setzen, wou d'Enseignant selwer dru gleewen, datt et geet, da kann et net réusséieren.

Mir müssen och d'Akteuren an de Betriber mat op de Wee huelen. Och d'Patronen oder déi, déi an de Betriber fir d'Formatioun zoustänneg sinn, müssen do sécherlech och agesinn, firwat de System esou gestréckt ass, wéi e gestréckt ass.

Et brauch och kee mer hei ze soen, ech géif d'Berufskummeren net gesinn. Ech hu se an deene leschte véier Deeg zweemol gesinn, fir hei iwwert dës Thematik ze schwätzen. An ech wäert se och an der noer Zukunft nach begéien. Deen Dialog, dee klappt. Mir hunn déi Consultatiounen och strukturéiert iwwer Comitéen, déi mer erëm beliefen hunn, déi eigentlech effektiv iwwer laang Zäit net esou fonctionnéiert hunn, wéi se hätte misse fonctionnéieren. An do kucke mer, déi Consultatiounen wierklech permanent ze maachen am Hëllef vum enger Makroreform.

Ech géif awer och do soen, Här President, datt mer d'Chamber méi enk solle mat abannen. Ech wäert duerfir en Débat de consultation uffroe fir den Hierscht hei iwwert d'Formation professionnelle. Ech hätt näamlech och gären, datt d'Berufskummeren, datt d'Gewerkschaften, d'Enseignantsgewerkschaften an anerer, datt och d'Fraktiounen hei am Parlament sech kloer äusseren zu deem, wat dann eng Makroreform muss sinn, an datt mer dat hei och eng kéier diskutéieren.

Ech si gäre bereet, als Ministère, do och éischt Virschléi ze maachen. Ech denken, do sollte mer eis awer och, éier et zu engem Dépôt vun engem Gesetzesprojet kënnt, hei eng kéier échangéieren, an dat an engem Débat de consultation maachen, wat jiddwerengem heibannen d'Geleeënheet gëtt. An d'Energie schéngt jo richteg do ze si bei jiddwerengem hei. Duerfir huelen ech jo un, datt jiddwereen och deementspriedend konstruktiv Propositionen op den Dësch wäert leeën, fir déi mat an d'Diskussioun och nach kënnen afléissen ze loossen.

Ech wëll vläicht e puer Saachen, Här President, nach richtigstellen, näamlech: Dat, wat mer jo fundamental elo mam Gesetz hei änneren, datt ass, datt mer eng illimitéiert Durée vun der Formatioun aféieren, obscho mer déi awer gläichzäiteg ageschränkt hunn, well mer wëssen, datt do de Conseil de classe bei engem Schüler, wou keng Perspektiv do ass, datt deen dann iergendwann och eng kéier seng Moduller zesummekritt, datt deen natierlech eng Reorientatioun, ech géif net nëmme soen, kann ausschwätzen, mä muss ausschwätzen am Interess vum deem Schüler.

An ech denken eigentlech och, datt dat de richtige Wee ass, d'Responsabiliséierung vum Conseil de classe, well keen aneren a sécherlech net hei d'Chamber - ech wëll lech elo hei net an Ärer Uerteelskraaft erofsetzen -, mä ech denken, datt keen anere wéi déi, déi all Dag mam Schüler zesummeschaffen an der Schoul, besser kéint beuerteelen, ob do eng Perspektiv besteet oder net. Duerfir eng Responsabiliséierung vum Conseil de classe.

Ech warnen och elo, hei eng maximal Limit nees anzesetzen. Duerfir wëlle mer elo keng per Gesetz hunn - well da géifen direkt nees nei Härtefall optauchen, spéitstens dann, wann déi erreicht wär -, soulaang virun allem de System op anere Plazen, duerch zum Beispill déi nei Auswierkung a positiv Auswierkung vun deem neie Promotiounsreglement a vun anere Mesuren, déi nach musse kommen, soulaang déi net geholl sinn.

Wat de Projet intermédiaire ubelaangt, do ass et äänlech. Jo, bei der Formatioun fir déi, déi plein-temps an der Schoul sinn, do schafe mer e per Gesetz of, awer gläichzäiteg gi mer och do den Équipes curriculaires d'Méiglechkeet, en äänlech erëm eng kéier ze definéieren, andeems se en Testmodull definéieren, deen d'selwecht fonctionnéiert wéi déi aner Modullen an deen dann och muss réusséiert ginn. Wann do d'Équipes curriculaires wierklech der Meenung sinn, datt esou eng Épreuve, wéi de PII se dann duerstellt, noutwendeg ass, da solle si och dat erëm eng kéier iwwer e Modull kënnen definéieren.

Ech wëll nach kuerz vläicht op dat agoen, wat och elo an der Diskussioun ass, näamlech de Projet intégré final, ob et do gutt ass, wann ech deen net réusséiert hunn, ob et da wierklech noutwendeg ass, datt ech quasi een halleft Joer muss waarden, bis ech dann eng zweet Chance kréien.

Ech war eigentlech nach ëmmer der Meenung, datt et net gutt ass, virun allem fir déi Formatiounen, déi virdrun am Régime technique waren, näamlech d'Technikerformatioun, wou ee jo, wéi mer dat alleguerte kennen, e konventionellen Noexamen konnt maachen, an elo op eemol, well déi Formatioun eriwweigeréckelt ass an d'Formation professionnelle, datt dann net méi gaangen ass an een dann de Projet intégré final am Januar, Februar vum Joer drop huet misse maachen. Wuel hat ee vläicht Zäit, fir dat eent oder anert nach eng kéier opzeschaffen. Op där anerer Säit war awer e ganz Joer scho verluer.

Déi, déi duerno, an déi Méiglechkeet besteet jo awer, weider wollten eng Formatioun maachen op enger Héichschoul oder an engem BTS oder soss anzousch, déi hunn e ganz Joer verluer gehat a konnten och mat deem zweeten hallwe Joer do net méi ganz vill Gescheites ufänken. Duerfir huet dat mech nach ëmmer gestéiert.

Ech muss awer och soen, datt, wann ech d'Questions parlementaires beäntweren, ech do fir d'Alleréischt emol meng Servicer consultéieren. Mir waren deemools net enger Meenung. Ech hunn och meng Responsabilitéit, wat d'Direktioun vun deem Service ubelaangt, jo mëttlerweil geholl. Ech mengen, dat dierft jo eigentlech och kengem entgaange sinn.

Mir hunn elo decidéiert, alles ze maachen, fir am Hierscht bei der Technikerformatioun vum Technicien administratif et commercial esou en - tèschent Guillemets - „Noexamen“ ze maachen, dat heescht, eng zweet Sessioun fir de Projet intégré final unzebidden an déi zäitlech esou unzebidden, datt souwuel nach kuerz Zäit an der Schoul ass, fir de Schüler drop ze preparéieren, mä datt en awer matzäiten nach säin Diplom ka kréien, fir och an deem lafende Schouljoer, am September nach an eng Formatioun, eng uschléissend Formatioun eranze kommen, wat eis wichteg ass.

A mir wëllen och deeseweichte Wee aschloe fir déi aner Formatiounen, datt duerno. Elo kann een natierlech soen: Firwat net alleguerten déi doten direkt? Fir dann ze soen: Jo, dann den Techniker och net. Well mer et net fir se alleguerte kënnen maachen, maache mer et fir keen. Ech denken, dat wär och net gerechtfertegt. Duerfir, do léiere mer dovun, wa mer et elo fir den Techniker maachen. An da gesi mer, wéi et ka fonctionnéieren duerno fir all déi aner. An da kënnen mer jiddwerengem duerno déi Méiglechkeet do erëm ubidden.

Här President, datt sinn déi Haaptpunkten, déi ech nach eng kéier wollt kloer ënnersträichen. Mir sinn eis alleguerte bewosst, a sécherlech de Ministère un éischer Stell, datt et mat deenen Adaptatiounen hei net duergeet, datt mer weider müssen un der Reform vun 2008 reforméieren.

Ech warnen awer och do virdrun, fir alles radikal erëm ze änneren, fir alles mateneen a Fro ze stellen. Ech warnen och wierklech virdrun, fir ze soen: Elo maache mer eng grouss Makroreform an déi trëtt een Dag bei enger Rentrée a Kraaft. Well dann ass dat sécherlech net garantiert, wat ech awer hei als eng noutwendeg Konditioun geschildert hunn, näamlech d'Akteure mat ze kréien an den Entreprises, an de Schoulen, och d'Enseignant mat op deen dote Wee ze kréien.

Duerfir fannen ech et eigentlech ganz gutt, datt mer elo schonn op engem Kärelement, wat d'Promotioun ubelaangt an och de Bilan intermédiaire ubelaangt, iwwert dat Reglement eng Neierung aféieren, wat sécherlech schonn, wat d'Organiséierbarkeet vun der ganzer Formatioun an de Schoulen ubelaangt, e grouss Schratt no vir wäert sinn, éier mer dann duerno un aner Ofännerunge vun der ganzer Formatioun kommen.

A mir sollen awer och wëssen, datt munches Zäit wäert brauchen. Ech si ganz d'accord zum Beispill mat deenen, déi soen, déi Moduller, déi gesinn esou ënnerschiddlech aus, déi Moduller, do kënnen mer eigentlech mat deene Regeln, déi mer hunn, fir dann d'Promotioun ze organiséieren an ze definéieren, net alles iwwer ee Leescht zéien. Mä mir wëssen hoergenee, an ech mengen, jiddwereen, a virun allem déi, déi awer och scho vu bannen dee System do eng kéier kenne geléiert hunn, missten eigentlech wëssen, datt een déi Moduller do net vun haut op muer erëm geännert kritt.

Wann een do gären eng gewësse méi grouss Uniformitéit hätt tèschent de Contenu vun de Moduller, tèschent der Zuel vun de Moduller pro Formatioun, muss ee wëssen, datt dat awer erëm eng kéier eng richteg Fläissaarbecht ass. An déi résele mer net aus dem Aarm, virun allem net, wann et eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht soll sinn. Duerfir schréttweis reforméieren, weider driwwer nodenken a breet consultéieren. Dat ass esou, wéi ech gedenken, virunzefueren.

Villmoos Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madamm Hansen nach eng kéier intervenéiert?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Ech erlaben der Madamm Hansen bal alles, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An Dir hutt selbstverständlech all Zäit, déi Dir braucht.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Merci, Här Minister. Ech wëll just nach eng kéier op de Rattrapage vum Projet intégré final vun der Division administrative et commerciale agoen.

Also, éischstens ass dat hei jo awer eng Äntwert, déi ech vum Minister ënnerschriwwen kritt hunn, soudatt ech net denken, datt dat elo eng vum Direkter vum Service vun der Formation professionnelle ass, ouni datt de Minister domadder averstane war.

A well an där Äntwert awer wierklech drasteet, datt et fir déi hei Formatioun keen Ënnerschied gëtt zu deenen anere Formatiounen, da froen ech awer nach eng kéier - et gi jo och nach aner Techniker, déi wëllen och gären eventuell op d'Uni goen a studéiere goen -: Wann et hei méiglech ass, firwat dann net wierklech, am Sënn vun der Gerechtegkeet, dann och fir déi aner Techniker? Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Jo, ech denken, datt ech op déi dote Fro ausräichend geäntwert hunn, datt mer elo zwee Méint do virdru scho stinn, datt dat doten eng Heedenaarbecht ass, fir dat ze organiséieren an eise Schoulen, datt ech just eng Formatioun gesinn, wou et méiglech ass, näamlech fir déi doten. An duerfir maache mer et fir déi doten. A wa mer et da ronnbréngen am September, do eng zweet Sessioun ze organiséieren, léiere mer alleguerten doraus.

Dir, denken ech, kënnt lech gradesou gutt virstelle wéi munnech anerer heibannen, wéi schwiereng et ass, an de Schoulen iwwert déi nächst zwee Méint dat doten ze mobiliséieren, déi Leit ze fannen, déi dat doten alles wäerten droen an deem enken Zäitraum och herno am September: näamlech genuch Zäit nach ze loossen, fir sech kënnen drop ze preparéieren,

well soss huet et näamlech net ganz vill Wäert, an no hannen awer och net ze vill Zäit ze brauchen, fir datt een nach eng Usschlossformatioun duerno kann ufänken.

Alles dat si Contrainten, déi sinn nun awer emol ebe ginn. An déi wëlle mer elo kucken, fir datt mer déi meeschtere fir déi Technikerformatioun, fir den Administratif et commercial, an dann duerno an deem Joer drop fir déi aner. An da muss een och sécherlech nach eng kéier driwwer diskutéieren - mä dat ass dann éischer och en Thema fir d'Makroreform -: Wéi ass et mat den DAPen?, ob mer do net äänlech lwwerleunge musse maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci, Här Minister.

Ech wollt just eng Präzisioun maachen zu der Fixatioun vu Kommissiounssätzungen. Ech mengen, d'Chamber huet an der Fixatioun vu Kommissiounssätzungen eng ganz grouss Flexibilität, och heiansdo vläicht ze vill Flexibilität, wa Chamberskommissiounen ausserhalb vun deene Plage-fixé sinn.

Ech wollt awer soen, dass, wann aus iergendengem Grond eng Kommissiounssetzung net kann zustane kommen, aus dësem oder deem anere Grond, dass d'Plaz, fir dat ze mellen, hei ass. An an der Conférence des Présidents kënnen mer da jiddefalls jiddwerengem Satisfaktioun ginn, dass d'Kommissiounssätzungen, déi solle stattfannen, och wäerte stattfannen. D'Chamber ass esou flexibel, dass, wann de Minister dat freet, d'Kommissiounssätzungen innerhalb vun engem Dag oder souguer heiansdo innerhalb vu manner Periode kënnen festgeluecht ginn. Also, wann et eng kéier net sollt zu där Flexibilität kommen, wou ech awer dovun iwwerzeegt sinn, dass se do ass, dann hëllef mer ganz gär, fir déi Flexibilität ze kréien.

Voilà, dat gesot si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. An ech géif dann d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6986 lancéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6986 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi 6986 ass mat 32 Jo-Stëmmen, 26 Nee-Stëmmen, bei 2 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen dann, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Da gi mer emol dovun aus, dass dat mat deemselwechte Resultat decidéiert ass.

Merci villmoos.

A mir géifen dann zum leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6957 betreffend de Rekrutement vun Enseignanten am Postprimaire. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Gilles Baum.

8. 6957 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire,

2. de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un éta-